



Motion 1

Mir kéimen dann zur Diskussioun respektiv zum Vott vun der Motioun. Ass nach een, deen d'Wuert zur Motioun wëllt ergräifen?

(Interruption)

Den Här Jean-Marie Halsdorf huet d'Wuert.

■ **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).**- Jo, mir kënnen déi Motioun hei net droen. Net nëmmen, well d'Tounlag dovun e bësse Suspicioun och bréngt, mee dernieft ass fir mech d'Situatioun och ganz kloer: Et ass eng Prozedur, eng beschleunegt Prozedur, eng Procédure accélérée, wou d'Reegelen esou sinn, dass déi Autorisation de mise sur le marché fir ee Joer ass. Duerno gëtt se ëm fënnef Joer verlängert an dann nach eng kéier méi laang. Et ass also kloer.

Déi Agence européenne des médicaments, do ass jo e Lëtzeburger Vertrieeder dran. Ech géif der Ministesch vläicht mat op de Wee ginn, dass eise Vertrieeder an der Agence européenne vläicht eng kéier an d'Chamberskommissioun kéint kommen, fir eis do ze erklären, wéi dat do fonctionéiert, well all Land huet jo do e Member dran. Also, ech géif dat gutt fannen - mir hu jo do e Member an e Suppleant dran -, wann déi eng kéier géife bei eis kommen. An do gëtt jo e permanente Monitoring gemaach. An ech brauch net ze erklären, wéi déi Prozedure fonctionéieren.

Duerfir mengen ech, dass ee muss Vertrauen hunn. A wann een esou Saache stëmmt, mengen ech, dann ass d'Vertraue fort. Dann ass de Match verluer. Duerfir si mir der Meinung, dass een dat heien net soll stëmmen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Halsdorf. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Merci, Här President. Mir hunn eigentlech deem näischt bäizefügen, wat d'Madamm Minister an och den Här Halsdorf gesot hunn. Hei gëtt et keng Gefällegkeetszouloossung. Vu dass déi enorm Moyenen agesat gi sinn, souwuel finanziell wéi wat d'Personnal ueget, ass et méiglech, dat hei e bësse méi séier ze maachen, awer net u manner héich Standarde gebonnen.

An hei duerch d'Motioun geet eigentlech déi Insiuatioun, wéi wann hei eng Gefällegkeet gemaach gi wär oder net all Virsiichtsmoosname geholl gi wären. Dofir kënnen mer leider, obwuel mer mat enger ganzer Rei vun Iwwerleeungen d'accord sinn, mat den Endkonklusiounen net d'accord sinn. Dofir wäerte mir déi Motioun net stëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Di Bartolomeo. Et ass keng weider Wuertmeldung méi do, da kënnen mer zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

Vote sur la motion 1

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun mat 4 Jo-Stëmmen a 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

Ont voté non : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Aehm), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain,

Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

5. 7508 - Projet de loi relative au climat et modifiant la loi modifiée du 31 mai 1999 portant institution d'un fonds pour la protection de l'environnement

Mir kommen elo zum Projet de loi 7508 iwwert de Klimaschutzfong. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: Den Här Paul Galles, den Här Max Hahn, den Här Georges Engel, den Här Fred Keup, den Här David Wagner an den Här Marc Goergen. An ech géif direkt d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi ginn, den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

■ **M. François Benoy (déi gréng), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Hären, d'Klimaerwärmung ass déi schlëmmst Bedroung a gläichzäiteg déi gréisst Erausfuorderung vun der Zäit. Mir musse d'Klimaerwärmung an den nächste Joren ophalen, wa mir ons Äerd fir ons a fir déi nächst Generatiounen wëlle bewunnbar halen. Fir dat ze erreechen, musse mer d'Äerderwärmung op 1,5 Grad Celsius par rapport zu der preindustrieller Zäit begrenzen. A fir dat ze erreechen, musse mer elo decidéiert handelen.

Zimmlech exakt fënnef Joer nom Paräisser Accord an ee Joer no der leschter Weltklimakonferenz zu Madrid gëtt Klimaschutz elo Gesetz zu Lëtzebuerg. Mir setzen e Kader fir d'Lëtzeburger Klimapolitik, fixéieren ons Reduktiounsziler, ginn ons déi néideg Instrumenter a responsabiliséieren déi verschidde Secteuren.

Här President, Dir Dammen an Hären, de Gesetzesprojet 7508 iwwert de Klima huet dräi Voleten, éischens d'Gouvernance vun der Klimapolitik, zweetens eng partiell Reform vum Klimafong an drëttens Modifikatiounen beim Emissiounshandel.

Ech fänken u mat der Gouvernance vun der Klimapolitik. Hei fixéiere mer d'Ziler an d'Responsabilitäten am Klimaschutz. Mir hale fest, dass d'Äerderwärmung op 1,5 Grad Celsius ze limitéieren ass. Et ass eng Ambitioun, wéi se och am Paräisser Accord festgehalten ass, deen d'Chamber 2016 mat engem Gesetz approuvéiert huet.

Mir fixéiere generell Ziler fir Lëtzebuerg: Klimaneutralitéit bis 2050, spéitstens, Reduktioun vum CO₂ bis 2030 ëm 55 % par rapport zu 2005. A fir d'Ziler ze erreechen, dāerf net op Atomenergie zeréckgegraff ginn.

Vläicht eng kuerz Explikatioun zu der Klimaneutralitéit: Klimaneutralitéit heescht, dass de Klima net negativ duerch ons Aktivitéit beaflosst dāerf ginn. Mir sinn am Equilibre tëscht den Emissiounen, déi mer fräisetzen, an der Capacitéit vun der Äerd, fir se ze absorbéieren.

Fir ons national Ziler ze erreechen, gi fënnef Secteuren an d'Responsabilitéit geholl: d'Industrie an d'Konstruktioun, den Transport, d'Gebaihekeiten, also souwuel de Residentiel wéi och fir d'Déngschtleeschungen, d'Land- an d'Forstwirtschaft, den Offall an d'Ofwaasser. E Règlement grand-ducal fixéiert, wéi vill Emissiounen all Secteur zegutt huet, fir eng éischt Period bis den 31. Dezember 2029 an duerno all zéng Joer. Hei gëtt de sozialen, ökologeschen a budgetären Impakt considéiert. All Secteur huet natierlech en anert Potenzial. Wann e Secteur säin Zil net erreecht oder et en Iwwerschoss gëtt, da kann en dat op d'nächst Joer iwwerdreën. An och tëscht de Secteuren ka kompenséiert ginn, mee dat nationaalt Zil muss erreecht ginn.

Da gi mer ons duerch Instrumenter fir eng Gouvernance climatique, déi gesetzlech verankert ginn, d'Moyenen, fir d'Klimaziler ze erreechen. De PNEC, den nationale Klima- an Energieplang, gëtt eis kloer an transparent Prozeduren a Reegelen, fir d'Instrumenter auszeschaffen.

2027 gëtt den neie PNEC vun dem Klima- an Energieminister ausgeschafft an dann all zéng Joren erëm. En duerchleeft dann eng ganz Prozedur. Ënner anerem ginn d'Bierger gefrot an et gëtt en Avis vun der „Plateforme climat“, dee muss afléissen.

Da gi mer ons eng Klimaadaptatiounsstrategie. De Klimawandel huet haut schonn eng Hellewull vun Impakter zu Lëtzebuerg, sief et fir d'Landwirtschaft, d'Héichwaasser, d'Gesondheet, an déi Impakter wäerte mam Klimawandel nach weider wuessen. An der Klimaadaptatiounsstrategie kucke mer, wat mer kënnen maachen, fir eis Schwaachstellen, déi duerch de Klimawandel entstinn, ze reduzéieren an ons op verschidden inevitabel Konsequenze vum Klimawandel ze preparéieren.

Da gi mer ons eng Laangzäitstrategie fir d'Reduktioun vun den Zäregasen. Den aktuelle PNEC ass

bis 2030, dann ëmmer erëm fir zéng Joer. D'Laangzäitstrategie soll déi prioritär Aktionsfelder a strategesch Mesuren identifizéieren, fir dass mer d'Transitioun bis 2050 hikréien, also klimaneutral bis da sinn.

Dat Ganzt soll natierlech och am Dialog mat der Zivillgesellschaft an der Wëssenschaft passéieren an dofir gëtt deen och mat dësem Gesetz institutionaliséiert. D'Transitioun, fir d'Äerderwärmung op 1,5 Grad Celsius ze limitéieren, ass dāifgräifend fir déi ganz Gesellschaft a wäert fundamental Change-menter par rapport zu haut vun ons verlaangen: wéi mer ons Energie produzéieren, an der Industrie, eng komplett aner Mobilitéit, Landwirtschaft, Ernährung, wéi mer bauen, wéi mer wunnen, wéi mer konsuméieren, wéi mer mam Offall ëmginn an esou weider. Déi Transitioun muss wëssenschaftlech a gesellschaftlech begleet ginn an dofir schafe mer eeben zwee nei Organer:

Éischstens: d'„Plateforme pour l'action climat et la transition énergétique“. Dat ass e Forum, fir iwwer Klimafroen ze schwätzen, mat Representanté vun de Gemengen, der Zivillgesellschaft, den Entreprises, dem grand Public an anere Concernéierten. En ass och bei dem Ausschaffe vun dem PNEC matagebonnen. Hei gëtt en Avis op Demande vun dem Regierungsrot, kann awer och Eegeninitiativen huelen, wann eng Measure fir néideg sollt gehale ginn. Hei kann Etüden a Recherchë proposéieren. D'Membere vun deem Gremium gi vum Regierungsrot fir fënnef Joer genannt.

Da schafe mer den „Observatoire de la politique climatique“, dee wëssenschaftlech a puncto Klimapoliticken an a puncto Mesurë berode soll. Hien evaluéiert, ob d'Mesurë fonctionéieren, hir Ziler erreecht ginn, an e léisst dat all Joer an e Rapport iwwert d'Ëmsetzung vun der Klimapolitik afléissen. Hei kann Etüden a Recherchë proposéieren a sech selwer saiséieren, fir Avisen erauszeginn. D'Membere ginn och hei vum Regierungsrot ëmmer fir fënnef Joer genannt.

Ech kommen dann zum Avis vum Staatsrot zu deem Deel vun den Ziler an der Gouvernance vun der Klimapolitik, wéi mer se mat deem heite Gesetz fixéieren. Do goufen et eng ganz Partie Opposition-formellen, déi de Gesetzesprojet oder d'Gesetz, wéi mer et haut stëmmen wëllen, impaktéiert hunn. E monéiert eng Partie Insécurité-juridique, notament wat d'Prinzipie vun der Justice climatique, der Progression et non-régression vun der Klimapolitik, der Réduction intégrée de la pollution an de Principe d'intégrité ueget, an d'Regierung huet déi Prinzippien am Kader vun den Amendements gouvernementaux zrëckgezunn.

Dann zu dem Prinzip vun der Evaluatioun vun der Équité sociale: Do huet de Staatsrot bei sengem Avis complémentaire vum 13. Oktober erëm eng Opposition formelle ageluecht an dofir huet d'Chamberskommissioun dee Prinzip fale gelooss.

Da goufe Prezisiounen gefrot, wat d'sektoriell Ziler ueget, wat d'Missiounen an d'Besetzung vun der „Plateforme climat“ ueget respektiv d'Biergerbedeelegung bei dem PNEC.

Wat de „Comité de coordination interministériel pour l'action climat“ ueget, deen d'Klimapolitik sollt begleeten: Dee gouf net zrëckbehalen opgrond vun enger Opposition formelle vum Staatsrot, dee bemierkt, dass den Artikel 76 vun der Verfassung seet, dass de Grand-Duc d'Organisatioun vun der Regierung reegelt.

Här President, Dir Dammen an Hären, ech kommen da bei de Klimafong an den Emissiounshandel. Déi waren am modifizéierte Gesetz vum 23. Dezember 2004 gereegelt, dat duerch dës Gesetzesprojet wäert abrogéiert ginn.

De Fonds spécial „Fonds climat et énergie“ ass e Spezialfong, deen den aktuelle Klimafong reforméiert. Hei kritt méi Méiglechkeeten, wat seng Speisung ueget, zum Beispill duerch Finanzementer oder Emprunte vun der BEI oder Kontributione vun europäesche Fongen. Déi eligibel Investissementer ginn och ausgeweit, zum Beispill wat d'Klimaadaptatioun ueget, wat d'Elektromobilitéit ueget, de Klimapakt, d'Finanzéierung vun erneierbaren Energien an Effikassitéitsprojeten an Entwécklungslänner. De Fong gëtt also besser opgestallt, fir Klimaschutzmesuren zu Lëtzebuerg ze ënnerstëtzen. D'Sue vum Fong kënnen also och méi breet agesat ginn, wat jo och wichteg ass, fir eeben déi grouss Erausfuorderungen, déi virun ons stinn, unzegoen.

Ech kommen zu dem Avis vum Staatsrot zu deem Punkt. Hei gouf et zwou Opposition-formellen, engersäits wat de „mécanisme de décision conjointe“ fir de Finanzement vu Projeten ueget, anerersäits wat d'Aféierung vun engem „comité interministériel de gestion du fonds“ ueget. Och hei gouf gesot, dass dat konträr wär zum Artikel 76 vun der Constitution, dee seet, dass de Grand-Duc d'Organisatioun vun der Regierung reegelt.

D'Regierung huet an hiren Amendementer de Mécanisme de décision conjointe gestrach an de Comité interministériel duerch e Comité de gestion ersat, mee de Staatsrot huet gefrot, fir och de Comité de

gestion ze sträichen, dat mat enger Opposition formelle, wat dunn och gemaach ginn ass.

Ech kommen da bei den Emissiounshandel. Hei ginn Elementer vum ETS-System, also dem Emissions Trading System, ugepasst, dat am Kader vun der Transposition vum der Direktiv 2018/410 vum Europäesche Parlament a vum Conseil vum 14. März 2018. Et ass eent vun den Haaptinstrumenter vun der Klimapolitik um europäeschen Niveau an déi grouss Industriell sinn europawäit am CO₂-Emissiounshandel deem eeben ënnerstallt. Zu Lëtzebuerg sinn et am Ganzen 22 Operateuren am Moment. Dee System ass zënter 2005 en place a gouf schonn eng Rei kéieren ugepasst, wéi mer et och elo erëm maachen.

Wat ännere mer um System? D'maximal Zuel vu Quoten, déi disponibel sinn, geet lues a lues erof. D'Acteuren, déi dem System ënnerleien, mussen hir Emissiounen doduerch ëmmer weider reduzéieren, aktuell all Joer ëm 1,74 % an ab 2021 ëm 2,2 %.

Fir den Iwwerschoss vun de Quoten um Marché méi séier ofzebauen, ginn d'Quoten, déi an d'Réserve de stabilité du marché agespeist ginn, verduebelt. Da gëtt de System vun der Allocatioun vu gratis Quote verlängert, awer och ugepasst, mat méi Fokus op déi Secteuren, wou et en héije Risiko vun der Delokalisatioun gëtt.

D'Ëmsetzung vum System gëtt och op verschiddene Punkte klarifizéiert, zum Beispill bei de Reegelen, déi beim Retour vun ongerechtfergte Quote gëllen. Da ginn och d'administrativ Amendemen ugepasst, wat wichteg ass, fir d'Gestioun an de Fonctionnement vum Marché ze assuréieren, et ass nämlech wichteg, dass d'Exploitanté sech hei un d'Reegelen halen.

Ech kommen dann och bei deem heite Punkt zum Avis vum Staatsrot, deen eng Rei Opposition-formellé gemaach huet, notament weinst enger onkompletter Transposition bei den Article 37 an 38 a mat Bezuch op d'Sanction-penallen, an dat gouf an den Amendements gouvernementaux ugepasst.

Här President, Dir Dammen an Hären, d'Klimaministesch huet dat heite Gesetz virun engem Joer, den 18. Dezember 2019, deposéiert.

Ech kommen da bei d'Avisen. Den éischten Avis krute mer vum Staatsrot den 9. Juni 2020. Hei goufen et Opposition-formellen op am Ganzen eelef Artikelen an ech sinn och schonn drop agaangen.

Mat Amendement-gouvernementallen huet d'Regierung dunn dorop reagéiert, an zwar den 31. August vun dësem Joer, wouropshin de Staatsrot den 13. Oktober 2020 en Avis complémentaire gemaach huet. Déi meescht Opposition-formellé konnten doropshin opgehewe ginn, awer net alleguerten. D'Kommissioun huet déi proposéiert Texter vum Staatsrot uegeholl respektiv Passagé gestrach. An ech sinn och heierop schonn agaangen.

Fir déi aner sëlleg Avisen, déi et zu deem heite Gesetz gëtt, verweisen ech aus Zäitgrënn op mäi schréftleche Rapport.

Här President, Dir Dammen an Hären, d'Klimaschutzgesetz gëtt ons e gesetzleche Kader fir de Klimaschutz um Wee a Richtung vun der Klimaneutralitéit. Et gëtt ons kloer Ziler an och verbindlech Ziler, et sensibiliséiert d'Secteuren an et gëtt ons Instrumenter, fir d'Ziler ze erreechen: de PNEC, d'Klimaadaptatiounsmesuren an d'Laangzäitstrategie. Et schaaft eng Plattform an en Observatoire, fir am Dialog mat der Wëssenschaft an der Gesellschaft de Klimaschutz ze maachen. An et ginn Upassungen gemaach bei dem Emissiounshandel a bei dem Klimafong, wat zwee wichteg Elementer vum Klimaschutz sinn.

Ech kommen domadder zum Schluss vu mengem Rapport, Här President, an ech ginn lech heimat nach eng Motioun.

Motion 1

La Chambre des Députés,

vu

- la motion du 16 mai 2019, adoptée lors de l'heure d'actualité au sujet de la politique climatique du Gouvernement ;

- la motion du 19 décembre 2019, adoptée lors du débat de consultation relatif au projet de Plan national en matière d'énergie et de climat (PNEC),

considérant

- que le Luxembourg a signé, en date du 22 avril 2016, l'Accord de Paris, premier accord mondial juridiquement contraignant visant à renforcer et à coordonner la riposte mondiale à la menace du changement climatique ;

- qu'au cœur de cet accord figure l'objectif de contenir le réchauffement climatique en dessous de 2 °C par rapport aux niveaux préindustriels, et de poursuivre les efforts pour le limiter à 1,5 °C ;

- que des efforts supplémentaires seront nécessaires, étant donné qu'après plusieurs années successives de baisse, les émissions de gaz à effet de serre du Luxembourg ont augmenté au cours des années 2016-2019 ;

Le saviez-vous ?

DÉPÔT

Le dépôt est l'acte par lequel la Chambre des Députés est officiellement saisie d'un projet de loi ou d'une proposition de loi.



- que dans la décision 1/CP.25 de la 25^e conférence des parties à la CCNUCC (COP 25), la conférence des parties souligne l'urgence d'une ambition accrue afin d'assurer les efforts d'adaptation et d'atténuation les plus ambitieux possibles de la part de toutes les parties ;

- que la proposition de « Loi européenne sur le climat » de la Commission européenne vise notamment à :

• tracer la voie à suivre à long terme pour atteindre l'objectif de neutralité climatique en 2050 ;

• introduire un nouvel objectif de réduction des émissions de gaz à effet de serre d'au moins 55 % en 2030 par rapport aux niveaux de 1990,

rappelant

- que nous faisons face à une urgence climatique et environnementale qui exige une mise en œuvre immédiate de mesures ambitieuses afin de limiter le réchauffement climatique à 1,5 °C, comme prévu par l'Accord de Paris, et de freiner la perte de biodiversité,

saluant

- qu'en date du 20 mai 2020, le Gouvernement a adopté le Plan national intégré en matière d'énergie et de climat (PNEC) contenant les politiques et mesures permettant d'atteindre les objectifs nationaux ;

- que la loi luxembourgeoise relative au climat établit le cadre de la politique climatique luxembourgeoise, instituant notamment :

• l'objectif d'atteindre la neutralité climatique au plus tard en 2050 ;

• l'objectif de réduire les émissions de gaz à effet de serre de 55 % à l'horizon 2030 par rapport au niveau de 2005 ;

• des objectifs de réduction des émissions dans les secteurs (1) industries de l'énergie et manufacturières ; construction ; (2) transports ; (3) bâtiments résidentiels et tertiaires ; (4) agriculture et sylviculture ; (5) traitement des déchets et eaux usées ;

• deux nouveaux organes en matière de gouvernance climatique, institutionnalisant le dialogue avec la société civile et la communauté scientifique ;

• des procédures claires et transparentes pour l'adoption et la mise à jour du PNEC,

invite le Gouvernement

- à baser la politique climatique sur les données scientifiques et à ajuster, si nécessaire, les objectifs nationaux, en vue de limiter le réchauffement climatique à 1,5 °C, tel que prévu par l'Accord de Paris dans le cadre du cycle de révision des engagements quinquennal ;

- à mettre à disposition les ressources et moyens nécessaires afin d'assurer que le Luxembourg atteigne la neutralité climatique le plus rapidement possible et au plus tard en 2050 ;

- à agir de façon à assurer que le Luxembourg puisse diminuer ses émissions de gaz à effet de serre le plus rapidement possible d'au moins 55 % et au plus tard en 2030 ;

- à veiller à ce que la politique climatique nationale et sa mise en œuvre, y inclus le PNEC, soient régies par les principes de la justice climatique, de la progression et de la non-régression, de l'intégrité, de la réduction intégrée de la pollution et de l'équité sociale ;

- à fixer au plus tôt possible les objectifs d'émission sectoriels prévus dans la loi relative au climat ;

- à veiller à ce que la Plateforme pour l'action climat et la transition énergétique ainsi que l'Observatoire de la politique climatique soient opérationnels dans les meilleurs délais ;

- à mettre en œuvre le monitoring et l'évaluation de l'efficacité des mesures dans tous les secteurs ;

- à établir dans les plus brefs délais un premier bilan de la mise en œuvre des objectifs climatiques nationaux qui évalue les progrès accomplis au niveau national et par secteur ;

- à proposer des mesures additionnelles, voire à modifier les mesures existantes en fonction du bilan annuel de la mise en œuvre des objectifs climatiques nationaux et notamment au cas où il s'avère que les mesures mises en place ne suffiront pas pour réaliser les objectifs climatiques ;

- à prendre en compte dans ce contexte le rapport annuel sur la mise en œuvre de la politique climatique ainsi que les recommandations de l'Observatoire et de la Plateforme climat ;

- à présenter à la Chambre des Députés l'analyse du bilan annuel de la mise en œuvre des objectifs climatiques ;

- à présenter le cas échéant les raisons pour lesquelles les objectifs n'ont pas été atteints, de même que des mesures additionnelles censées de les atteindre.

(s.) François Benoy, Georges Engel, Marc Goergen, Max Hahn.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

■ **M. François Benoy (déi gréng), rapporteur.** - Mat dësem Gesetz laude mer, wéi gesot, en neit Joer-zéngt vum Klimaschutz an an et ass elo wichtig, dass mer eis alleguerten d'Instrumenter ginn, déi mer mat deem heite Gesetz och virgesinn, an dass déi elo séier en place gesat ginn, fir dass mer eis Emissionne konsequent no ënnen drécken.

An der Motioun, déi vun deene Gréngen, der DP, der LSAP an de Piraten ënnerschriwwen ass, weise mer eeben op d'Wichtigkeet vun deem heite Gesetz hin, och wat déi séier Ëmsetzung dovunner ugeet, an op d'Wichtigkeet dovun, dass mer eis déi néideg Moyene ginn, fir ons Politik ze evaluéieren a fir och nozebesseren; des Weideren, dass mer eng Klimapolitik maachen, déi op den neiste wëssenschaftlechen Erkenntnisser baséiert, an eis Ziler upassen, ëmmer mat dem 1,5-Grad-Celsius-Zil virun Aen; dass mer esou séier wéi méiglech och sektoriell Ziler definéieren; dass mer all Joer e Bilan maachen, wéi mer par rapport zu onsen Ziler virukommen; dass dee Bilan och der Chamber presentéiert gëtt an dass och erkläert gëtt, firwat mer vläicht verschidden Ziler net errechen a wéi mer do nobesseren; also dass mer och zousätzlech Mesurë proposéiert kréie respektiv an hir Ausschaffung matagebonne ginn, an dat natierlech op Basis vun deene Gremien, déi mer eis ginn, sief et vun der Plateforme climat oder dem Observatoire.

An och hei mussen d'Membere vun deene Gremien esou séier wéi méiglech vun der Regierung ernannt ginn, wann d'Gesetz gestëmmt ass, fir dass mer séier an deem heite Beräich virukommen.

Mat dem Klimagesetz gi mer eis weiderhin d'Méiglechteite fir eng proaktiv Klimaschutzpolitik ze maachen, déi konstant op der Sich no neie Léisungen an och no neie Méiglechteiten ass.

D'Motioun geet kloer drop an, dass mer och Mesuren a Fro stellen, wa se vläicht net gräifen, dass mer déi nei Informatiounen a wëssenschaftleche Erkenntnisser ëmmer zur Kenntnis huelen, eis Pläng ëmmer erëm ajustéieren, fir dass mer déi déifgräifend Verännerunge vun eiser Gesellschaft an Ækonomie hikréien, déi den Defi vun der Äerderwärmung vun eis verlaangt.

Här President, Dir Dammen an Hären, haut ass e wichtigen Dag, well haut gëtt nämlech Klimaschutz zu Lëtzebuerg zum Gesetz, an et ass mer eng grouss Freed, fir an deem Kontext och kënnen den Accord vu menger Fraktioun ze ginn. Ech soen lech alleguerte villmools Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools dem Rapporteur, dem Här François Benoy. An als éischte Riedner ass den Här Paul Galles ageschriwwen. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Paul Galles (CSV).** - Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, léif Madamm Ministesch, wéi sot e Member aus eiser Partei an eisen Aarbechtsgruppen an deene leschten Deeg eng kéier zu mir: „De groussen Challenge ass ganz einfach, den CO₂ erofzekréien!“ Net méi an net manner.

An dofir stëmme mer haut dëst Gesetz, d'Klimagesetz oder d'Klimaschutzgesetz oder wéi een et och ëmmer wëll nennen. An et ass eent vun deene wichtigsten Gesetzter iwwerhaupt, fannen ech. Et ass eent vun deene Gesetzter, op déi ech mech perséinlech am meeschte gefreet hunn, well d'Urgence offensichtlech ass. D'Fro ass also net, ob dëst Gesetz wichtig a richtig ass, mee entscheedend ass, ob dëst Gesetz hëlleft oder net genuch hëlleft, fir dat grousst Zil ze errechen, dat heescht: den CO₂ ze reduzéieren an eist Klima ze schützen.

An erlaabt mer, éier ech dorop aginn, dem Rapporteur villmools Merci ze soe fir säin exhaustive schrëftleche Rapport an och seng mëndlech Erklärungen elo just hei um Pult.

„De groussen Challenge ass ganz einfach, den CO₂ erofzekréien!“ D'Approche, déi mer als CSV vis-à-vis vun deem Challenge, där Erausforderung wielen, ass d'Fro ze stellen: Wéi ass dat da realiséierbar a wéi kréie mer eng Lenkungswirkung hin?

An natierlech freeë mer eis iwwer ambitionéiert Ziler an natierlech freeë mer eis iwwert déi wäit verbreet Iwwerzeegung, dass mer kee Choix méi hunn, ob oder ob net mer elo politesch ganz decidéiert aktiv ginn, fir d'Klima virum zerstéiereschen Afloss vum Mënsch ze schützen. Dat alles ass fir eis eng kloer Evidenz. An natierlech ass et och fir eis selbstverständlech, dass et net ëm iergendeng ganz kleng politesche Fro nieft villen anere geet, mee et geet ëm eng vun deene grondleeëndste Froen iwwerhaupt, et geet ëm Liewen an Iwwerliewen an el'm d'Bedéngungen dofir.

Ganz selten, esou hunn ech elo als relativ jonken, neie Politiker den Androck, hu mer als Politiker d'Verantwortung, fir Entscheedungen iwwer Liewen an Iwwerliewen ze treffen, an dat ass hei de Fall. Hei, Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, geet et ëm immens Fundamentales!

An et ass mer wichtig, dat nach eng kéier ze betounen, och op d'Gefor hin, dass mer vläicht ze patheetesch kléngen, wa mer et erëm betounen, well mir sinn trotzdem ëmmer nach an där vill méi grousser Gefor, den Challenge net seriö genuch ze huelen, well mer als Lëtzebuerg net esou staark betraff si wéi Länner mat Wüstebildung, wéi Insele mat niddregen Héichtemeter iwwert dem Mieresspiegel oder wéi Géigende mat Permafrost oder genau dem Contraire: mat Bëschbränn. Mir hunn zwar och verheerend Iwwerschwemmungen oder ëmmer méi schlëmm Hëtztdeeg hei zu Lëtzebuerg, mee soulaang eis d'weltwäit Vernetzung d'Billen vun deenen anere Katastrophen an eis Haiser bréngt, bleift d'Gefor grouss, dass mer se hei zu Lëtzebuerg weider ënnerschätzen.

Et ass also och en Thema, dat eis erausfuert, prospektiv a couragéiert an eis eegen Zukunft ze kucken, an et ass och en Thema, dat d'Fro un eis stellt, ob mer bereet sinn, global, international a weltwäit ze denken, oder ob mer léiwer als Éischt eis eege Feller an d'Dréchent bréngen an dann hoffen, dass déi aner schonn d'Klima op hir Käschte retten, well et jo dann net méi anescht geet.

Et ass also en Challenge, dee ganz daitlech vun eis verlaangt, wat de Philosoph Hans Jonas „Prinzip Verantwortung“ nennt. Mir si verantwortlech. Mir gi plädéiert: „responsabel“, net als Éischt „schëlleg“, mee responsabel. Sécher och zum Deel schëlleg, well mir schwätzen iwwert deen Deel vum Klimawandel, dee mënschegemaach ass, an net iwwert den natierleche Klimazyklus vun eiser Äerd. Mir si responsabel. Mir hunn eng „response“ ze ginn, eng Äntwert op dësen Challenge.

An ausserdeem, Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, ass et en Challenge, deen absolutt dréngend ass. Et deet mer leed, mee wa mer eis och parlamentaresch net drop eenege konnten, se ausserufen, esou si mer trotzdem an enger Urgence climatique, dat ass evident. Et ass urgemment urgent!

A vläicht musse mer eis nach eng kéier op der Zong zergoe loossen: Dass Milliounen vu Jugendlechen op d'Strooss ginn, ass dat Besch, wat eis als Politiker a Politikerinne geschéie kann! Wa mer eis iergendwann eng kéier d'Fro gestallt hunn, wat vill Leit denken: Hei ass et. A wa mer eis iergendwann eng kéier d'Fro gestallt hunn, wat déi Jonk dann iwwerhaupt nach vun eis erwaarden oder ob d'Politikverdrossenheet se scho geläämt huet, dann hu mer hei eng kloer Äntwert an e kloren, ultimative Géigebeweis. Natierlech sinn et net alleguerten déi Jugendlech an natierlech hätte mir héchstwahrscheinlech och Saachen anescht gemaach wéi si, mee mir mussen eis de Faktum op der Zong zergoe loossen: Si rëselen eis! A si erwaarde weinstens nach eppes vun eis!

A mir dierfen dat net nëmme gutt fannen, well mer dann hoffen, vun hinne gewielt ze ginn, mee mir mussen et richtig a gutt fannen, well ech mengen, dass se absolutt Recht hu mam Message an och mat der Aart a Weis. An et huet a mengen Aen iwwerhaupt kee Sënn, hinnen herno iergendwéi ënnert d'Nues ze reiwen, esou vill Verpackunge vu Fast-food hätten an der Strooss geleen a si wäre selwer net kohärent. Dat ass Blödsinn. Souguer wann dat wouer wär, misste mer eis als verantwortungsbewosst Politiker a Politikerinnen d'Fro stellen: Ass hir Revendicatioun richtig? A jo, Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, si ass absolutt richtig, absolutt richtig!

An iwweregens: Wann d'Leit aus alle Generatiounen, wëssenschaftlech befrot, novollzéibar ugin, wat se am meeschte beschäftegt a wat hinnen am meeschten Angscht mécht, da si mer ëmmer erëm beim Thema Klimawandel.

Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, dat ass de Kontext vun eise Beméiungen, mat engem Klimaschutzgesetz d'Klima ze schützen. Et ass en Challenge, deen net nëmmen ambitionéiert muss sinn, mee ouni Ofstrécher prioritär. En ass absolutt dréngend an en appelléiert un eis Verantwortung fir eis eege Leit a fir dës Welt - elo schonn a fir d'Zukunft. An anere Wieder: Et ass e richtig nohaltegen Challenge, dee mat dësem Gesetz erëischt richtig ufänkt.

Mee, Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, déi eigentlech Fro, déi mer eis als CSV ëmmer erëm stellen, ass déi heiten: Hëlleft dëst Gesetz wirklech, dës grouss Ziler ze errechen? An dat ass leider net esou kloer an esou sécher, wéi mer eis wënnsche géifen, dass et wär.

Mee loosst mech emol vir ufänken. Wéi kéint e Klimaschutzgesetz hëllefen, d'Klima ze schützen? Hei si véier Prinzippien, vun deenen ech mengen, dass se fundamental sinn, an un deenen ech dëst Klimagesetz moosse wëll. Den éischte Prinzip: Mir mussen kloer Ziler hunn, mat engem ganz detailléierte Plan d'action. An detailléiert bedeit, dass jiddwereen, och jiddwer Sektuer, genau weess, wat e bis weini wéi ze leeschten huet a wéi en dobäi gehollef kritt - de Prinzip vun der Planungssécherheet.

Den zweete Prinzip ass, dass d'Klima geschützt gëtt, dass also CO₂ vermidde gëtt, wat Deel vun

enger vill méi grousser Fro ass: Op wat fir engem grousser Fouss liewe mer gären als Gesellschaft? An da gëtt et eeben dee ganze Gesellschaftsmodell, deen hannerdruusst. Et geet also net eleng ëm den CO₂, mee et geet ëm eng vill méi grouss a méi breet Strategie.

Den drëtten Prinzip, Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen: Politik muss net nëmmen ambitionéiert sinn, mee och ëmsetzbar. Soss ass se de Pa-beier net wäert, op dee se hir Mesurë schreift. An d'Haaptfro bleift: Wéi kréie mer d'Leit an d'Boot? Wéi ass et ëmsetzbar? Well wann een et ëmsetzt, da sinn et d'Leit, d'Bierger, d'Salariéen, d'Entrepreneuren an esou weider an esou virun.

An de véierte Prinzip: Wa mer vun de Leit schwätzen, da schwätze mer och vun eisen an hiren Zukunftschancen. Packe mer et zu Lëtzebuerg, Wirtschaftssektoren an Aarbechtsplazen ze schafen, déi vu sech aus dozou bäidroen, dass d'Klima geschützt gëtt? Si mer wirtschaftlech fit fir d'Zukunft? Si mer innovativ? Verbanne mer mat Klimaschutz eng Visioun? Oder anescht gefrot: Kënne mer zum Virreider ginn, well mer déi wirtschaftlech Opportunitéiten erkennen? Eppes, wourop d'Chambre de Commerce an och d'Fedil deemools beim PNEC schonn higewisen haten, an d'Chambre de Commerce iwweregens och dës kéier.

Véier Prinzippien, Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen: kloer, global, ëmsetzbar a visionär. An doru wëll ech dëst Gesetz elo moossen.

Zum éischten Prinzip, Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen: Natierlech ass et bal schonn eng Leier, mee dat, well et zu Recht vun all Mënsch ëmmer erëm gesot gëtt. Wéi de PNEC erauskoum, gouf vun alle Säite kommentéiert, dass grouss Ziler näischt bréngen, wa keng konkreet Mesuren hannerdruustinn. Bei dësem Prinzip geet et also ëm näischt anescht wéi ëm d'Planungssécherheet.

Am Allgemenge vermessen d'Chambre des Salariés an d'Chambre des Fonctionnaires an hiren Avisen - net zum PNEC, mee zu dësem Gesetz wuelgemierkt - de konkreeten Inhalt. An et ass wouer, an dësem Gesetz stinn eng Rei ganz konkreet Saachen an de Rapporteur huet se grad virun opgezielt. Esou ginn am Exposé des motifs véier grouss Leitlinien am Detail beschriwwen, et ginn och fënnf Sektoren definéiert, an am Ufank war d'Schafung vun dräi Organer virgesinn, vun deenen der zwee iwwerlieft hunn: den Observatoire an d'Plattform. Et gëtt en neie Klimafong geschafen an déi néideg europäesch Direktive ginn ëmgesat. Dat ass gutt, mee wat eis ëmmer nach feelt, dat sinn déi kloer sektoriell Ziler, déi am Artikel 5 virgesi sinn.

Natierlech kann een argumentéieren, dass se an engem Règlement grand-ducal wäerte stoen an dofir technesch iwwerhaupt net zu dësem Gesetz gehéieren. Mee logesch gehéiere se zu deem Gesetz, iwwert dat mer haut am Nomëtting hei ofstëmmen, well déi sektoriell Ziler een, wann net souguer „dat“ Häerstéck vum Klimagesetz sinn! Dofir muss se mam Gesetz selwer virgeluecht ginn, well soss ass et eppes wéi en Ënnerschréiwe vun engem Blankoscheck, et ass e „blind date“, esou stellen ech mer dat op alle Fall emol vir. Dëst Klimagesetz ass net komplett. Esou huet d'Chambre de Commerce geschriwwen: « Si les objectifs environnementaux nationaux doivent être ambitieux et à la hauteur des enjeux, il est toutefois essentiel de les définir de manière raisonnée et réaliste afin d'éviter tout étranglement économique, et en concertation avec les entreprises. »

An dann, Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, wär et doriwwer eraus wichtig, dës Ziler an de Kontext vun der Coronakris ze setzen. Dofir reechen ech lech gären eng Motioun an, déi d'Regierung opfuert, déi sektoriell Ziler spéitstens bis Enn Januar virzeleeën, well all Beträffenen - an dat si mer alleguerten - Planungssécherheet verdéngt huet.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant le Conseil « Affaires générales » de l'Union européenne du 10 décembre 2019 à Bruxelles ;

- considérant que le Luxembourg a réitéré au cours de la précitée réunion son souhait que le Conseil européen s'accorde sur la nécessité d'atteindre la neutralité climatique dans l'UE et dans tous ses États membres d'ici à 2050 ;

- saluant par conséquent les conclusions du Conseil européen du 12 au 13 décembre 2019, à savoir la neutralité climatique d'ici à 2050 ;

- rappelant le Plan national intégré en matière d'énergie et de climat (PNEC) du Luxembourg qui constitue la stratégie-cadre en matière de politique de l'énergie et de l'action pour le climat ;

- estimant que les entreprises dans tous les secteurs ont besoin d'une solide sécurité de planification pour relever les défis à venir,

invite le Gouvernement

- à fixer des objectifs climatiques sectoriels précis avec des trajectoires claires pour les secteurs concernés ;



- à procéder à cette définition des objectifs jusqu'en janvier 2021.

(s.) *Paul Galles, Martine Hansen, Aly Kaes, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf.*

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

■ **M. Paul Galles (CSV).** - An dësem Kontext wëll ech awer och nach erwänen, dass an enger éischter Phas vum Gesetz all Secteur seng eegen nach onbekannt Ziler hätt missen erreechen, mee dass elo am Text awer steet, dass d'Secteursen tëschenteenen en Handel kënne bedreiwen, dass all Secteursen zesumme mussen een Zil erreechen an dass ee Secteur iwwregens och nach seng net erreecht Ziler ka mat an dat nächst Joer huelen. Dat kann een esou oder esou gesinn, entweeder-am Sënn vun der Flexibilitéit, mee och am Sënn vun: Eigentlech wëllt kee matmaachen an eigentlech wëllt keen ufänken. Ech vermuten, dass dat op eng mangelnd Begeschterung an e puer Secteursen an och a Ministèren zréckzeféieren ass, an ech géif d'Madamm Minister gäre froen, wou deen net onerhieffleche Wandel vun der Approche hierkënn.

Genau an dësem Kader wëll ech nach eng kéier un d'Fro vu menger Fraktiounscheffin a Kolleeigin Martine Hansen erënneren, déi virun engem Joer an der Heure d'actualité iwwert d'Landwirtschaft no de Karbonspäichercapacitéite vun der Landwirtschaft gefrot hat a wéi vill hinne kann ugerechent ginn. Si hat an der Kommissiounssëtzung vum 20. November 2020 nach eng kéier nogehaakt, well no engem Joer nach ëmmer keng Äntwert do war, an Dir, Madamm Ministesch, Dir hat op eng Etüd iwwert déi verschidde Reduktiounscapacitéite verwisen. An ech géif lech gäre froen, wou mer an der Tëschenzäit domat dru sinn, well och dat ass Deel vun der Planungssécherheet.

Zum zweete Prinzip, Här President, léif Kolleeiginnen a Kolleeegen, der globaler Approche zum Klimawandel. Dobäi wëll ech dräi Saachen an d'Ronn werfen: de Geoengineering, de Wuesstum an d'Justice climatique, dräi Saachen, déi extreem wichteg sinn, awer déi an dësem Gesetz total feelen.

Geoengineering, dat sinn technesch Usätz fir ze probéieren, CO₂ aus der Loft ze huelen, an dorunner gëtt am Moment immens vill gefuerscht. Eist Gesetz ass hei allerdéngs op deem Punkt blann. Et geet eleng ëm d'CO₂-Emissiounen, mee net ëm d'Banne vun existéierendem CO₂. Et ass en net globalen Usaz a mengen Aen an dat bedauere mir, well de Weltklimarot IPCC huet a sengem fameuse Rapport vun 2018 festgestallt, dass d'Ziler vu Paräis 2015 eleng duerch Emissiounsaspuerungen héchstwahrscheinlech net kënnen erreecht ginn, weeder fir 2030, nach fir d'Klimaneutralitéit 2050. De Rapport François Benoy an ech haten op der COP25 beim Parlamentariertreffen d'Chance, deene Fuerscher live dierfen nozelauschteren.

An eisem Text awer steet: « Le projet de loi fixe tout d'abord l'objectif de la neutralité climatique, donc l'objectif d'atteindre "zéro émissions nettes" à l'horizon 2050. » Et geet also ëm d'Emissiounen. Et feelt awer eng Strategie, wéi mer negativ Emissiounen wëlle produzéieren, déi et brauch, fir Klimaneutralitéit ze erreechen, well et a verschiddene Branchen, zum Beispill an der Landwirtschaft oder am Fluchverkéier, och no 2050 nach wäert Emissiounen ginn. Dofir meng Fro un lech, Madamm Ministesch: Wéi gesäit et aus mat de Lëtzeburger Beméiungen ëm den Geoengineering? Ass dat en Thema, dat eis interesséiert, a si mer vläicht souguer Deel vun engem Fuerschungsprojekt?

Wourëm et hei geet, Här President, léif Kolleeiginnen a Kolleeegen, ass den zertifizéierten Ofbau vun deenen Treibhausgaser, déi no alle Beméiungen trotzdem nach bleiwen, net d'Vemeidung eleng also, mee och den Ofbau. An dovun ass eebe leider am Gesetz, awer och am PNEC, näischt ze liesen.

Wat kéinte mer eigentlech maachen? Dat Éischt wär: Mir missten eis als Lëtzebuerg en Netto-Null-Zil ginn. A wa mer dat awer net wëllen, dann ass dat Zweet, onbedéngt an déi entspreichend Fuerschung ze investéieren.

Fir den Ofbau vun CO₂ an deenen aneren Treibhausgaser gëtt et schonn dräi gréisser Verfahren, iwwregens. Do gëtt et Ofporfung: also Beem planzen. Do gëtt et d'Carbon-Capture-and-Storage-Verfahren, wou den CO₂ aus der Loft gefiltert an ënnerierdesch gespäichert gëtt, wouzou et scho Projeten an Island, zu Rotterdam an zu Oslo gëtt. An da gëtt et och nach dat sougenannt BECCS - eppes anescht wéi an der Finanzwelt -, d'Bioenergy-with-Carbon-Capture-and-Storage-Verfahren, bei deem och nach Energie aus Biomass produzéiert gëtt.

D'Konklusioun heescht: Fir Klimaneutralitéit ze erreechen, ginn d'Klimagesetz an de PNEC eleng net duer, souguer wa se bis op dee leschten Detail hin total prezis a spezifizéiert wäeren. Si si vu vireran op engem A blann. Laangfristeg gesi brauche mer weider nach méi onkonventionell Moossnamen.

Fir de Rescht, Här President, léif Kolleeiginnen a Kolleeegen, kann ech just nach eng kéier eist Erstauen zum Ausdrock bréngen - wat mäi Kolleeg

Claude Wiseler schonn e puermol ugeschwat huet -, dass kee Wuert zum Wuesstum an zum Wuesstumsmodell verluer gëtt.

Hannen um Enn ass dat dach déi grouss Fro, déi de Klimawandel eis stellt: net eleng, wéi mer esou séier wéi méiglech esou vill wéi méiglech CO₂ kënnen aspueren, mee wéi mer als Lëtzeburger Gesellschaft op Dauer wëlle liewen, ob mer den Asaz fir de Klimawandel dauerhaft als eng Obligation an als Drock verstinn a vu baussen erliewen oder ob en zu enger intrinsescher Motivatioun gëtt. Ob mer et fäerdegbréngen, lues a lues eise Liewensstil ze veränneren: fort vun engem konsumisteschen Ausbeute vun de Ressourcë weinst engem neoliberalen „ëmmer méi, ëmmer méi séier an ëmmer méi héich“! Ob mer eis packen! An ob mer et packen, am Respekt virun de Ressourcen ze liewen, dass aus enger erschëpfter Äerd mat erschëpfte Mënschen eng gesond Äerd mat Mënsche gëtt, „qui se portent bien“, Stéchwuert „Bien-être“: gesond, fair a gerecht zesummeliewen. Do gehéieren dann och esou Theemen derbäi wéi Loftverschmutzung, Verstopfung vun de Stroossen an aner Theemen, déi d'Liewensqualitéit vun de Leit beschreiwen.

Meng Kolleeigin Martine Hansen hat beim État de la nation de Bléck vill méi wäit geriicht: D'Klimapolitik muss Hand an Hand goe mat Kreeslafwirtschaft, Stadentwécklung, Mobilitéit, Energiepolitik an nohalteger Liewensmëttelproduktioun. Och d'Plansectorielle sinn iwwregens dréngend néideg, well déi définéiere jo zum Deel, wou et wéi vill Gréngzone kann a muss ginn, wat jo alles mat an dëse Klimakontext eraspillt.

Et wäert sécher nach eng aner Geleeënheet ginn, fir iwwert d'Transitioun hin zu engem anere Gesellschaftsmodell nozedenken, mee et ass erstaunlech, mat wat fir enger Pertinenz d'Fro hei vermidde gëtt.

A wou mer schonn derbäi sinn, Här President, léif Kolleeiginnen a Kolleeegen, dat Konzept vun enger Transitioun kouw emol net als groussst philosophescht Konzept am ursprénglechen Text vir. Par contre gouf et do awer dräi aner Begrëffer, déi awer gestrach goufen, ouni dem Staatsrot eng Offer ze maachen, mat där se hätte kënne gerett ginn. An dat sinn dräi Schlësselbegrëffer: „équité sociale“, „justice climatique“ an „urgence climatique“. An de Kolleeg David Wagner huet an der Kommissioun zu Recht drop higewisen, dass et ass, wéi wann herno just e Skelett vu Gesetz iwwregbliwwer wär. Ech mengen, de Mouvement écologique hat a sengem Avis vun engem „ausgehielegten Text“ geschwat. A genau dat ass et! Mir hunn zwar grouss Begrëffer am Kapp, mee si kënne weeder an d'Gesetz nach fanne mer se herno an der Pertinenz vun de Mesuren zréck. Si bleiwen als Worthülsen op der Streck.

Et geet dach hei ëm vill méi wéi just ëm en technesch Gesetz fir d'Reduktioun vun den CO₂-Emissiounen. Et geet ëm zousätzlech Moossnamen. Et geet ëm eng grouss Visioun! Et geet ëm groussaarteg Leitiddien.

Här President, léif Kolleeiginnen a Kolleeegen, den drëtten Prinzip ass dee vun der Participatioun vun de Leit oder vun der sozialer, der gelieferter Abettung vun dësem Gesetz. An och do si mer grad op engem kruziale Punkt ukomm. Ob d'Klima geschützt gëtt, ass hannen um Enn net d'Konsequenz vun engem Gesetz, mee et ass d'Resultat dovun, ob d'Gesetz ëmgesat gëtt a vu wem a vu wéi vill Leit et ëmgesat gëtt a wéi et ëmgesat gëtt. A virun allem ass et d'Fro, ob d'Leit matmaachen. Well wa mer politesch de Wee vun den Incentives wëlle goen - dat ass jo eigentlech de Kinnekswee an enger Demokratie, fir eng Verhalensännerung ze erreechen -, dann ass dach déi entscheidend Fro: Maachen d'Leit iwwerhaapt mat? Et geet ëm eng „positiv Klimapolitik“, wéi d'Martine Hansen ëmmer seet. Eng Klimapolitik, déi maträisst! Eng Klimapolitik, déi ee wëllt! Eng Klimapolitik, déi zu engem gesellschaftleche Projet gëtt.

An zu dëser fundamentaler Fro wëll ech awer e puer Saache soen, well ech mengen, hei si mer net um richtege Wee, an ech wëll lech véier kleng Stéchwierder an d'Ronn werfen: Steuerreform, Verdeelungsgerechtkeet, Transparenz a Virbildfunktoun - véier Kinneksweeër, fir d'Akzeptanz bei de Leit ze verstärken an ze erreechen.

Dat Éischt ass dat, wat mäi Kolleeg Claude Wiseler och scho gesot huet: Idealerweise misst een esou e Gesetz an de Kontext vun enger globaler Steuerreform setzen. Hien hat deemools déi dräi Konditiounen genannt, zu deene mer mengen, dass eng CO₂-Bepreüung iwwerhaapt kann effikass sinn: wa se wirklech zur Minderung vun CO₂ féiert an net eleng zu méi volle Staatskeesen, wa se ofgestëmmt ass mat der Steierlandschaft an net einfach on top derbäikënnert a wann eng Rei sozial Mesurë mat geholl ginn, wéi zum Beispill eng Exemptioun vun der CO₂-Steier, wann ee keng Alternativen huet, e Crédit d'impôt oder en Energiescheck, wéi et zum Beispill a Frankräich ass.

An iergendwéi fanne mer dat jo alleguerte richtege, mee ech fäerten, mir paken dat einfach falsch un! Ech hunn den Androck, dass zu Lëtzebuerg déi sou-

genannt Sozialpolitik nach ëmmer keng Politik ass fir eng gerecht an eng ausgeglache Behandlung vun der ganzer Gesellschaft, mee eng karitativ Nischepolitik fir déi puer, „deen en jo net gradesou gutt geet“. An dat féiert derzou, dass mer zwar groussaarteg Gesetzter entwerfe fir de Gros vun der Gesellschaft an dann op eemol mierken, dass et nach esou e puer Leit gëtt, déi net richtege matkommen, an da gi mer deenen e puer Su méi wéi eeben all deenen aneren. A jo, an zu Lëtzebuerg gi mer natierlech all deenen aneren och nach déi selwecht Suen, fir dass kee ka soen, en hätt näischt kritt.

Dat ass awer net dat, Här President, léif Kolleeiginnen a Kolleeegen, wat mer eigentlech wëllen. A mat mengem Kolleeg Marc Spautz hu mer ëmmer erëm drun erënnert, dass et ëm e gerechten Ëmgang mat der gesamter Gesellschaft geet, also mat sozialer Staffellung, mat méi gerechter Verdeelung, mat Zesummeféiere vun de Leit duerch Zesummeféiere vun hire Chancen a Moyenen.

Mee mat dësem Gesetz kënn et mer erëm eng kéier esou vir: „Sozial Mesuren?“ - „Jo, op alle Fall!“ Mee hei e bëssi an do e bëssi! A wann een dat awer systematesch duerchdenkt dës le début, da kënn een op en anert Resultat. Da kann ee Mesurë fanne, déi de Leit allegueren hëllefen, pro Klima ze handelen, an zwar konsequent a gären. Wie méi Hëllef brauch, kritt méi gehollef, wie manner Hëllef brauch, manner. Aner Länner maachen eis et vir, virun allem d'Schwäiz a Schweden, mee och de Modell, deem akommesofhängeg iwwregens ass, a British Columbia.

Mäi Kolleeg Gilles Roth huet nach viru Kuerzem hei drop higewisen ...

(*Interruption par M. André Bauler*)

... bei den Autosprimme vun 8.000 Euro fir den Hybrid a fir den Elektroauto. Ganz genau, Här Bauler! Wat iwwregens tatsächlech am Gesetz drasteet. Am Artikel 14 stinn déi Montanten am Gesetz dran! Hien huet eis deemools virgerechent, dass déi, déi net esou gutt dru sinn, trotz den 8.000 Euro ni op den Ufankspräis kommen, fir sech en Elektro- oder en Hybridauto kënnen ze leeschten. An dass Der lech hir Gedanke virstelle kënn iwwert déi, déi sech et x-mol kënne leeschten an dann déi 8.000 Euro asträichen. Wien huet, kritt einfach nach méi!

An ech fannen dat e schlëmme Virgang. Natierlech kann ee soen, dass dat och déi Bessergestallt soll motivéieren, fir sech en Elektroauto oder en Hybrid ze kafen, mee dann hätt ee missen d'Subventioun un de Präis vum Auto koppelen. Et misst dach kloer drëms goen, fir och deem, dee sech et trotz der Prim definitiv net leeschte kann, ze hëllefen, sech klimafrëndlech ze beweegen.

Dat heiten ass an eisen Aen e Kuckucksee, wat Der eis an d'Nascht vun dësem Gesetz leet! Well eppes, woumat mer definitiv net d'accord sinn, nämlech dat heiten, gëtt iwwerflëssegerweis esou mat de Montanten an e Gesetz geschriwwen, an e Gesetz, mat deem awer onbedéngt wëllen d'accord sinn, well mer eis ausschwätze fir de Klimaschutz. E Kuckucksee, wat ganz bedauerlech ass.

A wa mer schonn derbäi sinn: Wéi ass et dann iwwerhaapt ze erklären, dass dee Montant vun 8.000 Euro am Gesetz steet an net an engem Règlement grand-ducal? Ech wëll einfach just - an dat wirklech neutral - nofroen: Wat ass d'Motivatioun dofir, dat iwwerhaapt ze maachen?

An dann nach eppes: Hybridautoen. Eng däitsch politesch Satiresendung huet leschte Freideg kloer gemaach, wat fir ee Klimakillerpotenzial déi hunn. Oft si se just Zweet- oder Drëtteen, oft geleased an oft esou gefuer, dass d'Batterie emol net gebraucht ginn ass, „well“, esou de süffisante Kommentar an der Sendung, „se souwisou just duergeet, fir aus der Garage erauszerullen“. A fir de Rescht leeft de Verbrenner a verbrannt ëmsou méi, well en eng schweier Batterie matzeschleefen huet. An dofir gëtt et 8.000 Euro! Do stëmmt dach iergendeppes net. Do gëtt eng räich Clientèle versuergt an dat sinn Inkohärenzen, déi de Leit einfach op de Su ginn an déi se einfach net wëllen akzeptéieren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Paul Galles (CSV).** - Wa mer wëllen, dass d'Leit matmaachen, Här President, léif Kolleeiginnen a Kolleeegen, da mussen mer eis anescht uleeën, da muss et méi ausgeklügelt sinn. Da mussen d'Mesurë gerecht verdeelt sinn tëschent de Bevëlgerungsschichten - Stad, Land, Aarm, Räich -, et muss transparent sinn, wat mat de Recettë geschitt, dass net nëmme den normale Bierger, mee och d'Industrie an d'Wirtschaft matagebonne sinn. D'Bonnets rouges an d'Gilets jaunes mussen eis eng warnend Léier sinn. An ech hunn den Androck, si mussen eis nach eng kéier drun erënneren, dass mer gutt mussen oppassen, wat mer hei maachen!

An ech wëll de Lëtzeburger Problem nach eng kéier ëmschreiwen: Déi Äermst gi vill méi Prozent vun hirem Revenu aus fir Energie wéi déi Räich. Ënner anerem, well se éischter um Land wunnen an den Auto brauchen!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Paul Galles (CSV).** - Ech erënneren do un eng Question parlementaire, déi ech zesumme mat mengem Kolleeg Jean-Paul Schaaf gestallt hunn an déi nach net beäntwert gouf.

(*Interruption*)

Den Delai ass nach net ofgelaf, dat ginn ech zou.

(*Interruption*)

Zu Lëtzebuerg soll déi sozial Offfiederung iwwert de Crédit d'impôt an d'Allocation de vie chère geschéien. Studie bewisen, dass net nëmme d'Akommes, mee och de benotzte Brennstoff, den Heizstoff, de Besëtz vun engem Auto an d'Wunplatz - ofhängeg dovun, ob een an der Stad oder um Land wunnt - relevant Aspekter sinn, déi déi sozial Impakter vun enger CO₂-Steier beaflossen. Eis Fro ass, ob et Berechnunge gëtt, an zwar detailléierter, fir déi sozial Impakter ze chiffriieren, a wat dat beid am Verglach mat deene Mesuren, déi d'Regierung virgesäit, an ob se doduerch ausgeglach ginn.

An dann, Här President, léif Kolleeiginnen a Kolleeegen, geschéie Participatioun an Akzeptanz och duerch Transparenz. An dofir sinn déi sektoriell Ziler esou eminent wichteg. Dofir muss och transparent sinn, wat mat de Suen aus dem Klimafong geschitt, well do gi jo an deenen nächste Jore massiv Suen dra gesammelt an dragepompelt, wéi d'Cour des Comptes festgestallt huet. An ech wëll lech, Madamm Ministesch, och nach froen, wéi Dir dës Transparenz garantéiere wëllt a wéi de Monitoring vun deene Suen ausgesäit.

A schliisslech gëtt d'Akzeptanz an der Bevëlkerung vill méi grouss, wann de Staat mam gudden Beispill virgeet. An ech erënneren drun, dass d'Motiuon vun der CSV zur Neutralité climatique an der Administratioun ofgeleent gouf. An do stoung dran: « invite le Gouvernement - à fixer l'objectif de neutralité climatique au sein de l'administration étatique au plus tard à l'horizon 2030 ; - à élaborer un catalogue de mesures ainsi qu'un calendrier de mise en œuvre de ces mesures en vue de la neutralité climatique au plus tard pour 2030 ; - à analyser le coût des différentes mesures et les économies de CO₂ et d'énergie escomptées. » Konklusioun: Net Waasser priedegen a Wäin drénken!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Paul Galles (CSV).** - Ech ka mer net virstellen, dass Der gären hätt, dass zwar herno all d'Ziler erreecht sinn, mee d'Leit zähneknirschend drënner gelidden hunn a keen et gäre matgemaach huet.

An natierlech kann een de Leit eppes zoomudden. Mir hunn eis leider an deene leschte Jore vill ze vill dru gewinnt, dass ëmmer erëm Kaddoe verdeelt goufen an dass d'Problemer mat enger Strenz voller Sue geleist goufen. Maacht et dës kéier wann ech gelift anescht! Maacht et mat Fangerspëtzegefill, mat engem Sënn fir sozial Gerechtegkeet an Zesummeféierung, fir Cohésion sociale!

An dann, Här President, léif Kolleeiginnen a Kolleeegen, nach kuerz zum véierte Prinzip, un deem ech dëse Gesetzesprojet wëll moossen. Verlaange mer vun eise Land net just Ustengungen, mee bidde mer em och Chancen, Opportunitéiten? D'Chambre de Commerce schwätzt vun „opportunités socio-économiques“.

Et ass wouer: D'Lëtzeburger Finanzplatz ass Virreider an den nohaltege Finanzen. A laang war et de Fall am ökologesche Beräich, also bei der Green Finance, an elo ass et dee soziale Volet, deen ëmmer méi derbäikouw un d'Säit vum ökologesche Volet, also: nohaltege Finanzen, Emprunten an Investmentfongen. Mee et gëtt op der Finanzplatz ee ganz fundamentaalt Gesetz an ech soen dat emol ënnert der Kontroll vun Kolleeg Laurent Mosar: Wann näischt um Terrain geschitt, da stellt sech och keng Fro vu Finanzéierung. D'Finanze stinn hannen um Enn am Déngscht vun der Realeconomie. Wa mir also eise Betriber Incentives ginn, dem Mëttelstand, der Landwirtschaft, mee och deene groussen, fir sech selwer nohaltege opzustellen, dann huelen och d'Lëtzeburger den nohaltege Financing vun eiser eegener Finanzplatz an Usproch.

An deem Kontext, an no de schwierigen Ëmstänn vun der Jugurtsfabrick, wou ech mengen, dass d'Regierung sech ferm blaméiert huet, wëll ech bei lech, Madamm Ministesch, nach eng kéier nofroen, wéi et dann elo ass mam Nohaltegkeets- a mam Klimacheck.

A wou mer schonn derbäi sinn, da geet och nach méi: Da kënne mer Betriber usidelen, déi direkt Acteure sinn, fir d'Transitioun, d'Klimagerechtegkeet ze konstruieren, virzereeden, ëmzesetzen, ze produzéieren. A fir esou eng Industrie zu Lëtzebuerg ze schützen an iwwerhaapt fir all eis Betriber ze schützen, déi sech un d'Klimakrittären halen, erlaben ech mer ganz kuerz nach ze erwänen, dass mer onbedéngt op europäeschem Niveau Fuite mussen vermeiden, déi geschéien, wa Firmen, déi sech net drun halen, an dat net reguléiert Ausland ginn, do bëllege produzéieren an heihinner wëllen importéieren.

Als CSV hu mer eis dofir op eise Programmkongress 2019 fir eng Importsteuer op den europä-



esche Grenzen ausgeschwat. A Madamm Ministesch, ech wëll lech froen: Wéi stitt Dir zu deemem Thema?

Doriwwer eraus stellt sech zum Schluss déi ganz visionär an déi wichteg Fro: Gëtt et, Madamm Minister, eng Strategie, fir zu Lëtzebuerg Betriber unzesidelen, déi um Stockage vun Energie, zum Beispill, schaffen, déi am Waasserstoff fuerschen, déi innovativ Iddien ëmsetzen? Woufir net e Silicon Valley ubidden, fir d'Transitionindustrie oder fir d'Waasserstoffindustrie? Da kee Silicon Valley, mee e „Recycle Valley“ oder en „Transition Valley“.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen zum Schluss. Hëlleft also dëst Gesetz, eis grouss Ziler ze erreechen? Esou sécher net! Et ass allerdéngs an allerhéchstens ee Puzzlestéck, wat mat der Zäit ëmmer méi kleng ginn ass, bis et sech praktesch a sech selwer opgeléist huet. An dat mécht mech perséinlech béis, well ech fannen, dass dëst Gesetz enorm wichteg ass an enorm wichteg Theeme beschreift. Esou vill aneres misst nach derbäigemaach ginn, esou vill méi däitlech misst et sinn an esou vill aneres misst nach ronderëm organiséiert ginn.

Wat also maachen, wa mer onbedéngt wëllen, dass de Klimaschutz ënnerstëtzt gëtt? Wat also maachen, wann esou e Gesetz um Dësch läit a wa mer wëllen, dass de Klimaschutz dat Haapt- oder een zentraalt politesch Uleies hei zu Lëtzebuerg gëtt?

Mir stëmmen dëst Gesetz mat, well mer absolutt an ouni Zweifel wëlle fir d'Urgence vum Klimaschutz anrieden a well et besser ass, wéi näischt ze hunn. Mee iergendwann eng kéier näischt ze hunn, nämlech null CO₂, ass esou wichteg, dass dëst Gesetz trotzdem net duergeet.

Ech soen lech villmools Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Galles. Nächstes ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Max Hahn (DP).** - Merci, Här President, léif Kolleegen, ...

(**Exclamations**)

■ **Une voix.** - ... a Kolleeginnen!

■ **M. Max Hahn (DP).** - ... a Kolleeginnen! Wann d'Coronakris eppes Positives u sech huet, esou kéint ee mengen, dann ass dat op d'mannst, dass och eise Klima eng kleng Paus kritt huet. Confinement am Fréijoer, Deelconfinement am Hierscht, manner Verkéier, manner Reesen, jo, d'Wissenschaftler rechnen domadder, dass 2020 de weltwäiten CO₂-Ausstouss ëm minus 4 % bis minus 7,5 % wäert erofgoen.

Dat kléngt gutt. Et kléngt wéi eng positiv Noriicht nieft all deenen negativen, déi een all Dag héiert. Et klénkt wéi: Mir hu vläicht e bëssen Zäit gewonnen. Abee, kucke mer der Realitéit an d'Aen, da musse mer leider zu enger anerer Konklusioun kommen. Da stelle mer fest, dass zum Beispill dëst Joer eent vun den dräi wärmste Jore war, zënter dass et iwwerhaupt emol Klimadonnéeë gëtt. Et stellt ee fest, dass d'Äis an der Arktis dëse Summer esou wäit zrëckgaangen ass wéi nach ni virdrun. An et stellt ee fest, dass a Sibirien iwwer 38 Grad Celsius gemooss gi sinn a wäit Deeler vum Bësch gebrannt hunn.

Fir et emol esou ze soen: Déi bildlech Bidden, an där mer alleguerete sëtzen, féllt sech ëmmer méi. Et ass dëst Joer just fir e kuerze Moment net grad esou vill Waasser aus dem Krunn komm. Wa mer wëllen evitéieren, dass d'Bidden iwwerleef, da musse mer als Politik d'Klimakris resolutt an ouni ze zécken ugoen. Eng eemoleg Reduktioun vun den Zäregase geet net duer. Eis Emissiounen mussen all Joer erofgoen, an dat ouni Corona, ouni Confinement, dofir par contre mat enger Wirtschaft, déi rullt an déi de Leit Aarbecht gëtt.

Wat de Corona betrëfft, gesi mer glécklecherweis esou lues Luucht um Enn vum Tunnel. Géint d'Ärd-erwärmung awer gëtt et keen Impfstoff. Do hëlleft nëmmen eng kloer Strategie, déi op wëssenschaftlechen Erkenntnisser baséiert. Mir brauche konkret a cibléiert Mesuren an de politesche Wëllen, dëst och séier a konsequent ëmzesetzen.

D'Regierung huet vun Ufank un d'Klimakris als absolutt Prioritéit definéiert. Si huet sech am Klimaplang ambitiéis Ziler gesat, déi wäit iwwert dat erausginn, wat initialement vu Lëtzebuerg verlaangt ginn ass. D'Regierung huet dat gemaach, net aus Lichtfankegkeet oder aus Spaass, mee well se sech bewusst ass, ëm wat et hei geet a wat um Spill steet: nämlech net manner, wéi eise Kanner e bewunbare Planéit ze hannerloossen.

Bis haut sinn och schonn eng ganz Hellewull u konkrete Mesuren ëmgesat an agefouert ginn, fir déi Erausfuderung, virun där mer stinn, an all hire Facetten unzegoen. Mir mussen et als Gesellschaft fäerdegbréngen, fir eis Manéier ze liewen, eis Manéier ze schaffen, eis Manéier, eis fortzebeweegen, ze wunnen, ze produzéieren, ze consomméieren -

an an an - méi nohaltig a méi ëmweltfrëndlech ze gestalten.

D'Klimakris, léif Kolleeginnen a Kolleegen, betrëfft jiddereen an all Aspekt vun eisem Liewen. Dofir ass et fir eis als DP kloer, dass, éischstens, d'Klimapolitik keng Politik vun uewen erof ka sinn. Et ass e kollektiven Effort, un deem jidderee sech bedeelege muss, an dowéinst soll och jiddereen an de Prozess agebonne ginn. Nëmmen esou kann erreecht ginn, dass eng sënnvoll Politik gemaach ka ginn, déi vun de Leit och akzeptéiert gëtt.

Fir d'Demokratesch Partei dierf, zweetens, d'Klimapolitik och net eesäiteg sinn. Et geet net duer, klimaschiedlecht Verhalen duerch Steieren ze penaliséieren, wann et keng Alternativen dozou gëtt. Nee! Mir mussen de Leit d'Fräiheet ginn, dass se sech kënne fir en nohaltig Behuelen entscheeden.

Dat bedeit konkret, dass, wann een eng Masuttsheizung manner attraktiv mécht, een dann och derfir suerge muss, dass d'Leit aner Méiglechkeeten hunn, sief et wat den Energieverbrauch ugeet, Stéchwuert Isolatioun, oder sief et d'Manéier selwer fir ze hëtzen, Stéchwuert Wärmepompe oder Pelletsheizung. Ech denken hei zum Beispill un de Katalog un Hëllef vu PRIME House, fir d'Leit an där Hisiicht ze ënnerstëtzen.

An drëttens dierfe mer mat eiser Klimapolitik keng nei Problemer schafen. Wat wëll ech domat soen? Fir d'DP ass Klimapolitik och ëmmer Sozialpolitik a Wirtschaftspolitik an engems. Déi dräi si fir eis net vuneneen ze trennen. Et ass an eisen Aen evident, dass d'Mesuren, déi dem Klima gutt sollen doen, net dierfen de Mënsche schueden. Déi Leit mat engem niddregen Akommes dierfen net zousätzlech belaaucht ginn. Am Géigendeel, si sollen ëmsou méi ënnerstëtzt ginn, fir op klimafrëndlech Alternativen ëmzeklappen. Dofir muss all Mesure sozial gerecht sinn an do, wou et néideg ass, och sozial ofgefiedert ginn.

Schliisslech ass fir d'DP d'Wirtschaft en elementaren Deel vun der Léisung, ouni déi mer d'Kéier mat Sécherheet net wäerte kréien. Mir si vun Natur aus, jo, eng optimistesche Partei a mir sinn iwwerzeegt vun der Kreativitéit vun de Leit, nei Léisunge fir eis haiteg Problemer ze fannen. An et ass wichteg, dass d'Politik fir déi richteg Bedéngunge suert, fir dëst Potenzial fräizesetzen. Mir mussen dofir eise Betriber hëllefen, fir sech un déi nei Erausforderungen unzupassen an hire Businessmodell méi nohaltig, méi resilient a méi digital auszerichten. Duerch gi se ënnert dem Stréch och méi kompetitiv. Et gëllt, d'Opportunitéiten, déi déi nei Technologie bidden, esou gutt et geet ze notzen, net just am digitale Beräich, mee insgesamt an de Secteuren mat wichtigem Zukunftspotenzial.

Esou maache mer Prinzippie wéi Nohaltigkeet, Ressourcëschounung a Kreeslafwirtschaft zum Motto vun engem qualitative Wuesstum fir eist Land. Et sinn dës dräi Elementer, déi ech elo séier ëmrass hunn, déi sech wéi e roud Fuedem duerch d'Politik vun dëser Regierung an de leschte Joren zéien.

Den Ausbau vun den erneierbaren Energien ass déi lescht Jore richtig a Schwong komm duerch zum Beispill attraktiv Einspeisetariffer oder awer och nach duerch d'Appel-d'offeren, fir groussflächeg Projeten an dësem Beräich ze realiséieren.

Am Logement huet d'Regierung d'Passivhaus zum neie Standard gemaach, wat derzou gefouert huet, dass d'Emissiounen an dësem Beräich erofgaange sinn, obwuel parallell eigentlech ëmmer nach méi derbäi gebaut ginn ass. Duerch de Programm PRIME House sinn zousätzlech Ureizer geschaf ginn, fir säi Logement energeetesche ze sanéieren.

A schliisslech ass nach ni esou vill am Beräich vun der Mobilitéit geschitt wéi déi lescht Joren, mat massiven Investissementen an d'Infrastrukture vun Zuch an Tram, d'Reorganisatioun vum RGTR, dem gratis ëffentlechen Transport, der Reorganisatioun vum RGTR - dat sot ech schonn, et kann een et net of genuch widderhuelen, léif Frënn. A Lëtzebuerg gehéiert ...

(**Interruption**)

... haut zu de Spëtzereder an Europa, wat och d'Luedestatiounen fir Elektroautoe pro Awunner betrëfft.

Och am Fréijoer, wou et ëm d'Relance vun der Wirtschaft gaangen ass, huet d'Regierung d'Akzenter richtig gesat, andeems se vun der Geleeënheet profitéiert huet, fir besonnesch déi nohaltig Dimensionen ze férdere. Denke mer hei nëmmen un dee reegelrechte Vëlosboom, deen ausgebrach ass a wou sécherlech och den Encouragement vun der Regierung, andeems d'Primm agefouert gouf, säin Deel derzou konnt bäidroen.

Här President, ech wëll elo net nach eng kéier op all eenzelne Punkt agoen, wat alles scho gemaach ginn ass. D'Regierung huet a ville Beräicher wichteg Jalone gesat an derfir gesuert, dass Lëtzebuerg um richtige Wee ass, fir méi nohaltig a méi klimafrëndlech ze ginn.

Fir eis als DP ass et wichteg, elo no vir ze kucken, mat konkrete Mesurë fir Verbesserungen ze suer-

gen a sécherzestellen, dass mer eis Klimaziler, eis ambitiéis Klimaziler och erreechen. Och hei gëllt et, dee richtegen Equiliber ze fannen tëscht Klimaschutz, sozialer Gerechtegkeet a wirtschaftlecher Performanz. Virun allem musse mer eng Politik maachen, vun där d'Leit der Meenung sinn, dass hiert Uleies eescht geholl gëtt, dass si gefrot ginn an dass och op si gelauschtert gëtt. Nëmmen esou kann d'Politik vun de Leit akzeptéiert a finalement och gedroe ginn.

Här President, do dernieft brauche mer awer och e Suivi an eng prezis Evaluatioun vum Impakt vun de Mesuren, fir sécher ze sinn, dass se och deen néidegen Effekt hunn, a fir dass mer dann och, deemno wéi, kënnen nobesseren. D'Engländer schwätze vum „evidence-based policymaking“. A grad bei esou engem essenziellen Thema wéi dem Klimawandel ass et wichteg, ganz genee op d'Wissenschaft ze lauschten a mat de Wëssenschaftler zesummenzeschaffen.

Als DP sti mir natierlech voll a ganz hannert esou engem Usaz. Et geet hei net ëm Ideologie, mee ëm eng zilgericht Politik. D'Iwwerliewe vun der Mënscheit a vun eisen Ökosystemer ass näischt fir „politique politicienne“, op d'mannst si mir där Meenung.

Demokratesch Participatioun engersäits, wëssenschaftlech Analys a Berodung anerersäits, dat Ganz an engem kloren, transparente Kader, deen d'Prozeduren, d'Organer an d'Gouvernance allgemeng definéiert, esou stelle mir als DP eis dat vir. An dofir begrëisse mir och ganz däitlech dëse Gesetzesprojekt an déi verschidden Dispositiounen, déi en aféiert.

Tatsächlech ass d'Klimagesetz, iwwert dat mer haut schwätzen, wuel nëmmen een Deel aus engem ganz grouss Puzzle. Mee et ass awer e bësse wéi d'Achs vun engem Rad, bei där d'Speechelen zsummelafen. Et ass d'Häerzstéck, wann een esou wëllt, vun der Klimapolitik fir déi nächst Joren, mat deem Follgendes kloer definéiert gëtt: éischstens, d'Zesummespill vun den Acteuren aus der Gesellschaft, dass also all d'Forces vives zu Wuert kommen a sech un der Diskussioun kënne bedeelegen; zweetens, déi wëssenschaftlech Begleedung an d'Evaluatioun vun der Klimapolitik; drëttens, d'Prozedur, fir de Klima- an Energieplang ze aktualiséieren an un d'Situatioun unzupassen, a véiertens, déi sektoriell Ziler a wéi dës festgeluecht ginn.

Här President, jidderee soll säi Bäitrag leeschten, ech sot et virdrun: An der Klimakris si mir alleguerete gefuerdert! Dofir ass et gutt, dass och sektoriell Ziler festgeluecht ginn, fir och déi eenzel Secteuren ze responsabiliséieren. Mee mir sinn awer och der Meenung, dass jiddereen no senge Méiglechkeete soll säi Bäitrag leeschten. Et geet net drëms, fir blann einfach eppes ze dekrétéieren, dat dann um Terrain muss ëmgesat ginn. Nee, mir sinn derfir, dass an deem Kader gekuckt gëtt: Wat ass dat effektiv Potenzial am jeeweilege Beräich? Wéi wäit a wéi séier ass et méiglech ze goen? Wat ass de Spillraum? A wat ass den Impakt?

Anerersäits ass eng gewësse Flexibilitéit noutwendeg. An dofir begrëisse mer och, dass deem Rechnung gedroe gëtt an dësem Gesetzestext. Esou kënnen d'Emissiounsrechter vun engem Sektour an deenen aneren a vun engem Joer op dat anert iwwerdroe ginn, soulaang zum Schluss, dat heescht 2030, d'Zil vu minus 55 % erreecht ass.

Wéi gesot, mir fannen dat ganz gutt. Et gëtt den Acteuren d'Méiglechkeet, sech méi flexibel ze organiséieren, a virun allem gëtt esou op deene Plazen CO₂ agespuert, wou et och am sënnvollsten an am einfachsten ass, dëst ze maachen.

Här President, d'Leit erwaarde vun der Politik, dass se konkret Mesuren hält fir de Klimaschutz.

(**Interruption**)

Ee Sondage nom anere confirméiert eis dat. Et geet och net nëmmen ëm populär Saache wéi zum Beispill Vëlosweeër - woubäi ech deen Éischte sinn, fir deen dat ganz wichteg ass an deen dat och ganz gutt fënn - nee, et betrëfft och Instrumenter, déi vill méi en aschneidenden Effekt hunn, wéi zum Beispill eng CO₂-Bepräisung, déi e staarkt Signal duerstellt a weist, dass mer e wierkeche Paradigme-wiessel vollzéien.

Fir d'DP ass de Prinzip vun der CO₂-Bepräisung u sech ganz logesch: Wie méi verknaecht, muss och méi derzou bäidroen, déi verursaacht Käschten ze decken. Et ass jo de Prinzip vum Pollueur-payeur, deen iwwerens och beim Waasser a beim Offall applizéiert gëtt an do jo och vu kengem contestéiert gëtt.

Mir sinn och weeder déi Eenzeg nach déi Éischte, déi esou eng Bepräisung aféieren. Weltwäit gëtt et net manner wéi 30 Länner, an deenen eng CO₂-Bepräisung schonn do ass. Mat 20 Euro d'Tonn leie mer iwwerdeems am Verglach mat eisen Nopeschlänner relativ gutt. A Frankräich kascht den CO₂ 45 Euro d'Tonn. An och an Däitschland kritt den CO₂ e Präis ab dem 1. Januar 2021, a bei hinne läit dee bei 25 Euro d'Tonn. Den europäesche Spëtzereder

beim CO₂-Präis ass iwwerens Schwede mat 130 Euro d'Tonn CO₂.

Här President, déi zousätzlech Recettë sinn awer net einfach do, fir dass de Staat méi Suen an der Täsch huet. Nee! Si ginn direkt erëm a sozial a Klimamesuren zrëckinvestéiert. D'Hallschent vun de Recettë wäerten den neien Energie- a Klimafong alimentéieren, fir konkret Projeten zum Klimaschutz ze finanzéieren. E groussen Deel dovou geet indirekt och erëm un d'Leit zrëck a Form vu Subside fir energeetesche Sanéierungen, Autoe mat niddregen Emissiounswärter, duuss Mobilitéit a Fotovoltaikanlagen; fir just dës ze nennen.

Déi aner Hallschent lant bei deenen, déi et am meeschte brauchen. Wéi de Finanzminister annonciéiert huet, gëtt net just d'Allocation de vie chère ëm 10 % gehéicht, mee et gëtt och en neie Crédit d'impôt vu 96 Euro fir Leit mat niddregen Revenu agefouert, fir d'Präisdeierecht vu Bensinn, Gas a Masutt ze kompenséieren. Dat ass fir eis sozial gerecht Klimapolitik!

Vereenzelt Leit gesinn dat anescht. Déi mengen, domat géif d'Regierung de Leit eppes total Verrécktes zomudden: D'Regierung deet d'Leit bezuelen, einfach esou, ouni Rücksicht op Verloschter. Ech mengen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, méi eppes Absurdes hunn ech nach kaum héieren an dëser Diskussioun. Souguer de Statoc confirméiert dat, wat ech gesot hunn, nämlech, dass déi Stéit mat niddregen Akommes net zousätzlech belaaucht ginn, well déi Méikäschten op engem anere Wee kompenséiert ginn.

Dowéinst, kommt, mir diskutéieren op Basis vu Fakten, sachlech an ouni Opregung, well mat Populismus a Panikmaacherei ass weeder der Diskussioun nach dem Klima gehollef!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Max Hahn (DP).** - Här President, alles an allem sti mir als DP voll a ganz hannert dësem Projet, sou wéi mer och hannert der Klimapolitik vun der Regierung stinn. Besonnesch si mer der Meenung, dass mat dësem Text wierkech e staarkt Fundament gegoss gëtt, fir déi zukünfteg Politik an dësem Beräich drop opzebauen, eng Politik, bei där Transparenz a Participatioun ganz groussgeschriwwen ginn. Mir ginn eis als Land heimat d'Méiglechkeet, fir eng effikass Klimapolitik ze maachen, se ze evaluéieren an och ze adaptéieren, dëst op enger wëssenschaftlecher Basis. An dat kënne mir nëmme gutt heeschen.

Här President, dëst gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschten. Ech soen awer och dem Rapporteur villmools Merci fir seng zwee Rapporten, souwuel säi schrëftleche wéi säi mëndlechen. An ech ginn heimat dann och den Accord vun der DP-Fraktioun. An ech géif lech och hei den Accord da ginn, vu mir mat mengen aneren eefel Kolleegen aus der DP-Fraktioun, zur Motioun, déi jo da vun den dräi Majoritéitsparteien an de Piraten, wann ech de Rapporteur richteg verstanen hunn, och esou ënnerschriwwen gouf.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Hahn. An ech ginn d'Wuert weider un den honorablen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur François Benoy fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport an och fir seng ganz engagéiert Aart a Weis, wéi en déi Diskussiounen an der Kommissioun geleet huet, an och fir säin engagéierte Rapport hei op dëser Tribün. Hie leeft dat, wat en do mécht. Dat ass och gutt esou.

Och wann d'Coronapandemie eist Liewen op d'Kopp gedréit huet, esou dierfe mer d'Klimakris net vergiessen. Well och wa mer d'Coronapandemie warscheinlech eng kéier an de Grëff kréien, ouni se ganz kënnen auszeradéieren, well se ëmmer en Deel vun eisem Liewen awer bleift, esou wäert d'Klimakris eis nach vill méi laang beschäftegen. Energie a Klima sinn d'zentral Prioritéiten vun dëser Regierung. An dëst gouf och bewise mam Ofstëmme vum ambitiësen nationalen Energie- a Klimaplang, dem PNEC.

Mir sti virun enger ganz grousser Erausfuderung. An all weider Efforte sinn net vu Muttwëll an och immens néideg, fir dat 1,5-Grad-Zil anzehalen. Et dierf een duerfir d'Ziler am Klima- an Ëmweltschutz op alle Fall net aus den Ae verléieren. Fir d'Klimakris, Dir Dammen an Dir Hären, gëtt et keen Impfstoff. Duerfir brauche mir ambitionéiert Klima- an Energieziler an och en ambitionéierte Klima- an Energieplang.

Mir musse séier handeln. An dat ass absolutt noutwendeg, well eis Zäitfënster, déi mer hunn, déi ass kleng. Als LSAP sti mer hannert dësen ambitionéierten Ziler bis 2030 vu minus 55 % CO₂-Ausstouss, 44 % méi Energieeffizienz a 25 % erneierbaren Energien. A mir stinn och dozou, dass mer bis 2050 klimaneutral solle sinn. Dat ass, Dir Dammen an Dir Hären, net nice to have, mee dat ass eng absolutt Necessitéit!



Mir stinn och hannert dësem Gesetzesprojet 7508, iwwert dee mer haut hei debattéieren, dee sech konkreet - et ass schonn e puermol gesot ginn - an dräi Deeler opdeelt. Dee setzt hei de legale Kader fir eis national Klimapolitik, dat heescht fir de PNEC och kënnen konkreet ëmzesetzen. E schaaft och e spezielle Fong, de Klima- an Energiefong, deen dee vun 2004 ersetzt oder op deem opbaut. An e setzt och gläichzäiteg d'EU-Direktiv 2018/410 iwwert den Emissiounshandelssystem ëm.

Vun dëser Klimakris si mir alleguer betraff. Mir mussen alles drusetzen, fir dës Klimaziler ze erreechen. Mee sécherlech sinn net all Aktivitéitssecteuren hei d'selwecht betraff a si stoussen och net alleguer déi selwecht Unzuel a Quantitéit un Zäregasen aus. An duerfir begrësse mer, dass sektoriell Objektiv festgeluecht ginn, an dëst fir d'Secteuren vun der Industrie, vun dem Transport, vum Bau, vun der Agrikultur a vun der Offallgestioun. Et ass gutt, dass déi jeeweileg Secteuren esou méi responsabiliséiert ginn. A wann ee Secteur a sengem Domän d'Reduktioun vun den Emissiounen net erreecht, da kann en dat kreditéiert kréien, kontabiliséiert kréien op de Kredit vun engem anere Secteur. An dat ass och gutt esou.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetzesprojet ginn och zwee nei Organer geschafen, d'Plateforme pour l'action climat et la transition énergétique an den Observatoire de la politique climatique. E gemeinsamen Dialog ze sichen ass eis wichtig. All zesumme si mir haut betraff, soudass déi Plattform hei och richteg Sënn mécht an och néideg ass, fir weiderhi kënnen zesummen um PNEC ze schaffen a virun allem, fir all Acteuren direkt am Virfeld mat u Bord ze huelen. Dat war beim éischte Plang net direkt de Fall. Mee: « Chacun apprend de ses erreurs. » An dat ass och gutt esou.

En Observatoire ass an eisen Aen och extreem wichtig, zemools och fir déi ënnerschiddlech Käschte vun de Moossnamen an déi erwaart CO₂-an Energieaspuernisser kënnen ze analyséieren an ze bewäerten. Hei gi mer nach eemol mat op de Wee, dass et fir eis als LSAP wichtig ass, déi sozial Komponent och ze berücksichtegen. De Max Hahn huet et gesot: Den Développement durable baséiert op dräi Saiten. An déi dräi Saile sinn à l'équité grad esou wichtig eng wéi déi aner. An duerfir ass et och wichtig, dass een op déi dräi Saile kuckt: d'Ekologie, d'Ekonomie an awer och déi sozial Komponent.

Et muss un eng nohalteg Entwécklung fir eis all geduecht ginn. An ouni déi sozial Dimension wäerten och all Efforte fir d'Ëmwelt sënnslos sinn. Et muss een e Bilan zéien an d'Moossname mussen dann och prioriséiert ginn an et muss gekuckt ginn, wéi eng Moossnamen elo opportun ze huele sinn, fir dass mer d'Ziler erreechen. Et ass duerfir ganz wichtig, Analysen ze hunn, déi et erméiglechen, den Impakt vun de Moossnamen erauszefannen an esou ze gesinn, ob duerch ënnerschiddlech Moossnamen eis Energie- a Klimaziler eventuell méi séier erreecht géife ginn. An et muss een do och eng kéier de Käschtepunkt géint d'Resultat leeën a kucken, wat do am beschte wierkt a wou mer déi beschte Resultater hunn.

Op alle Fall ass et esou, dass mer eis zum jëtzen Zäitpunkt keng Moossname kënnen erlaben, déi nach méi sozial Inegalitéite mat sech bréngen. An nach eemol: Et ass fir eis och wichtig, dass dat alles zäitno geschitt. Déi Zäitfënster, déi mer hunn, déi ass kleng, an d'Erausfuederunge si grouss.

Här President, en anere Volet vun dësem Gesetzesprojet ass d'Schafe vun engem Spezialfong Klima an Energie, deen op deem existente Fong vun 2004 opbaut. Hei gëtt eng besser Klimafinanzéierung geschafen. An dat kënnen mir just begrëssen. D'Ännerunge maachen de Fong vill méi fäeg, vill méi kompetent u sech, fir all d'Erausfuederungen unzegoen. Déi berechtigt Investitiounen ginn opgeléscht. An esou kann een dat dann och kloer noverfollegen, wat hei gemaach gëtt.

Zousätzlech gëtt och déi europäesch Direktiv betreffend den Emissiounshandelssystem ëmgesat. Mir begrëssen och all Efforten, déi hei gemaach ginn, fir d'Emissiounen weider erfrozedrücken, an dëst an ënnerschiddleche Secteuren, awer och an deem vun de Gebaier, deen nach ëmmer, trotz Efforten, ee vun deene gréissten CO₂-Produzente bleift.

Ech ginn hei elo bewusst net op déi eenzel Mesuren an. Dat hu meng Virriedner, souwuel de François Benoy, deen dat e bësse méi am Ganzen, am Globale gesinn huet, wéi och de Paul Galles an de Max Hahn hei in extenso gemaach. An et huet jo kee Sënn, dass mer alles hei dräimol soen. Et ass schonn alles gesot ginn, mee nach net vu jiddwengem. Dat muss net heibanne sinn.

(Interruptions)

Duerfir wëll ech mech hei nach méi kuerzfaassen.

Här President, als LSAP ass et nach ëmmer dee richtige Moment, méi wéi jee, fir weider un enger klimaneutraler Wirtschaftspolitik ze schaffen. Mir

musse vun dëser Kris, déi mer am Moment hunn, profitéieren, fir eis Wirtschaft méi nohalteg, méi regional an op Kreeslafwirtschaft baséierend Circuiten opzebauen, ouni dass dobäi déi sozial Komponent an de Vergiess geréit. A mir sollen oppassen, dass mer net mir näischt, dir näischt, wann et elo erëm eng kéier besser geet, an deen ale Modell zrëckfalen. A mir mussen do fir eis nächst Generatiounen suergen, fir eng gerecht Verdeelung vun de materielle Ressourcen, fir Liewenschancen a fir Liewensqualitéit ënnert de Generatiounen. Dat si keng eidel Wieder! Dat ass eng grouss Erausfuederung an där musse mer eis hei stellen, well elo ass de Moment, fir dat ze maachen. Wa mer nach e bësse waarden, da brauche mer et vläicht eng kéier guer net méi ze maachen, well dann ass et ze spët.

Ech géif dann och den Accord vun der LSAP gi fir dëse Gesetzesprojet an och den Accord fir déi Motion, déi zu dräi Majoritéitsparteien a mat de Piraten hei deposéiert an ënnerschriwwen gouf. Et ass eng Opzielung vun enger ganzer Rei vu Moossnamen, déi am PNEC stinn an déi och konkreet Ëmsetzungen da si vun deenen Ziler, déi mer wëllen erreechen. An duerfir gëtt et och dofir eisen Accord.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ Plusieurs voix.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.-** Merci villmools, Här Engel. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Här President, Kolleginnen a Kollegen, Madamm Ministesch, et vergeet keen Dag ouni Hiobsbotschaft iwwert de Klimawandel an de Medien, vu Politiker an och vu politeschen Aktivisten. Soubal et eng Zäit net reent, dann ass et de Klimawandel. Oder wann et eng kéier ze vill reent, dann ass et de Klimawandel. Wann am Wanter Schnéi ass, dann ass et de Klimawandel. Wann am Wanter kee Schnéi ass, dann ass et och de Klimawandel. Wann eng kéier staark Donnerwieder am Mëllerdall sinn, dann ass et de Klimawandel. Wann de Bësch brennt a Kalifornien, dann ass et de Klimawandel. An d'Saach op d'Spëtzt gedriwwen hat eng Journalistin vun eiser nationaler Televisiounschaîne am Mäerz 2019, wéi se gesot huet, duerch de Klimawandel kéim et zu Äerdbiewen.

■ Une voix.- Jo.

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Ech hunn deslescht vun engem jonke lëtzebuergeschen Aktivist gelies, dass hien Angscht huet, dass seng Kanner net méi hei op dëser Äerd kéinte liewen, wa mir net direkt eppes maachen. Sou wäit si mer scho komm mat där ganzer Hysterie!

Duerfir: Mir vun der ADR si klipp a kloer géint Hysterie, géint Angschtmaacherei a géint Panikmaach.

(Interruptions)

Mir mussen oppassen, dass mer un déi ganz Diskussioun mat där néideger Sachlechkeet eruginn!

Kloer ass: Mir mussen eis op ofgeséichert wëssenschaftlech Erkenntnisser verloossen. Mee mir mussen eis awer och bewusst sinn, dass viles vun deem, wat eis als Fakte presentéiert gëtt vu Medien an Aktivisten, nëmme Klimamodeller sinn, déi probéieren, d'Verännerungen am Klima esou gutt wéi méiglech iwwert déi nächst 20, 50 an 100 Joer virauszesoen. Do gëtt et, wéi och bei Wiedervirussoen, eng signifikant Onsécherheet dran, déi net ze ënnerschätzen ass. An do huele sech oft d'Medien, an zemools och déi gréng, déi extreemst Zenarien oder Interpretatiounen eraus a maachen de Leit Angscht a versetze si a Panik. An déi Angscht benotze si dann, fir hir ideologesch Politik duerchzepushen, och wann et iwwerhaupt net kloer ass, dass hire Wee an hir Liblingstechnologie déi richteg sinn.

■ M. Fernand Kartheiser (ADR).- Très bien!

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Eis als ADR sinn den Ëmweltschutz an den Naturschutz immens wichtig.

(Brouhaha)

Ëmweltschutz wéi och de Schutz vun eise Ressourcë leien eis um Häerz.

(Brouhaha)

An dat ass eppes, wat all rasonabele Mënsch kann ënnerstëtzen, ob en elo un déi extreemst oder och un déi moderaatst Zenarie vun der Äerderwirmung gleeft.

(Interruption)

Mee dat, wat wierklech geféierlech ass fir eis Gesellschaft an och fir d'Ëmwelt, ass eng radikal Wend ze maachen, ouni vill nozedenken iwwert déi wirtschaftlech a sozial Konsequenzen. Well och déi gréng wëssen net, wat fir eng Technologie sech wäert an Zukunft gutt oder schlecht entwéckelen.

Ech wëll hei kloer soen: Iwwert déi lescht Joerzëngte konnt een e liichten Erwärmungstrend vun ongeféier engem Grad feststellen. Déi Klimaverännerung kann duerchaus och deels natierlechen Ursprongs sinn. Mee ouni Zweifel huet och de Mënsch en Impakt, zemools duerch d'Verbrennung vu fos-

sille Stoffer, déi Zäregaser produzéieren. Dat kann dominant sinn, muss awer net.

Ech ginn elo net an d'Diskussioun an iwwert d'Klimamodeller, ob elo ee Grad, zwee Grad oder véier Grad, dat ass einfach net ouni Onsécherheet elo viraussober. Mee ech soen emol salopp: Dat ass och elo net dat Wichtigst! Fir eis als pragmatesch Partei ass dat Wichtigst: Wéi kann een elo realistesch eppes maachen als kleng Natioun? A wat gëtt gemaach?

Gemaach gëtt hei am Land alles, fir d'Ziler net ze erreechen! 500.000 Awunner am Joer 2010, 630.000 Awunner am Joer 2020. Mir wuessen, wuessen, wuesse schnurstracks Richtung eng Milliou Awunner!

Mir bauen a bauen, betonéieren, rappen Haiser of, bauen neier. E risége Verschläiss u Ressourcen! Mir sinn elo schonn iwwerfëllt. An da gëtt hei nach andauernd gesot, mir missten nach méi bauen, nach méi schnell wuessen! Dat ass de Contraire vun deem, wat Der eigentlech wëllt, well dat Ganzt ass eng Politik vun de Widderspréch, wann op där enger Säit en total iwwerdrüwwene Wuesstum gefërdert gëtt an op där anerer Säit da vum Reduzéiere vum Energieverbrauch geschwat gëtt.

■ Une voix.- Très bien!

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Mir hunn an de leschte 25 Joer esou vill zougebaut wéi an den 2.000 Joer virdrun! Zwee Hektar den Dag!

Ma wann ech eppes fir d'Natur an och fir d'Mënsche wëll maachen, an dat ass jo dat, wat och haaptsächlech déi gréng ëmmer virgi mat Gréngflächen halen, Wuesstum a Fro stellen, da muss een dat bremsen! Am Joer 2030, dann, wann dat Zil vu minus 55 % soll erreecht sinn, da wäerte mir hei zu 800.000 Awunner sinn, iwwerfëllt; dat gëtt schrecklech!

■ Une voix.- O!

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Mir missten also fir d'éischt zu engem verstännege Wuesstum zrëckkommen. An dat huet fir eis och net nëmme mat Klima ze dinn, mee mat gesondem Mënscheverstand.

Genausou ass et mat Energie a Ressourcë spueren. Natierlech musse mir kucken, fir manner fossill Rostoffer ze verschwenden, eis Ressourcen um Planéit ze schounen. Mir sollen och onofhängeg gi vum Import vun Ueleg a Gas, souwäit et geet, aus dem Mëttleren Osten, aus Russland. Dat ass jo och geostrateegesch ganz wichtig. Mee mir mussen et mat Verstand maachen!

A wat mer hei gesinn, dat ass iwwert de Knéi gebrach. Hei gëtt d'Delokaliséierung vun der industrieller Produktioun gefërdert. Mir hu jo och gesinn, wat geschitt elo während der Coronakris, wou mer op eemol mierken, dass mer hei keng Medikamenten méi produzéieren a keng Masken, ëmmer manner Stol, wie weess, iergendwa vläicht kee méi. Mir dierfen dach net esou ofhängeg ginn, dass mer chineseschen Diktatoren mussen nolafen, fir Hëllef ze kréien!

Am September huet de Chef vun ArcelorMittal Lëtzebuerg op RTL gesot, duerch déi héich CO₂-Taxen, déi d'Industrie an Europa ze bezuelen hätt, wär een einfach net konkurrenzfäeg, wann dat am Rescht vun der Welt net géif geschéien. An do geschitt et doudsécher net esou wéi hei!

An dann de Stroum: Mir verbrauche pro Joer 6.500 Gigawattstunden a produzéieren der ongeféier 1.000. Do feelt ganz vill. An de faulen Trick ass: D'Produktioun vum CO₂, déi gëtt deene Länner ugerechent, déi de Stroum produzéieren, an net deenen, déi e verbrauchen! Mir verbrauchen en, mir produzéieren en awer net. Dat heescht, et ass quasi gefuddelt, e bëssen esou wéi och beim Tanktourismus. Mir kafen Atomstroum a mir kafe Kuelestroum, mee mir kréien en awer net ugerechent. Mir produzéiere bal näischt, an d'Gaskraaftwierk zu Esch hu mer och nach zougemaach!

Esou léisst et sech dann natierlech bequeem wirtschaften, ganz nom Motto „aus den Augen, aus dem Sinn“, an de Stroum, dee kënnt da wuel aus der Steckdous. An da léisst et sech och einfach soen: „Mir huele Google op Lëtzebuerg“, déi ganz vill Stroum brauchen. Jo, mir produzéieren e jo net, mir importéieren dann eebe Stroum, dee vill CO₂ produzéiert oder aus Atomenergie kënnt.

À propos Atomenergie. Am Gesetz steet: « Le recours à l'énergie de source nucléaire est exclu pour atteindre les objectifs visés [...] ». Dat heescht sou vill wéi „Atomkraaft ass verbueden“. Jo, schéin! Ech froe mech zwar, wéi ee rosaroude Brëll een do muss unhunn! Well Fakt ass, mir benotzen hei Atomkraaft! Mir benotzen Atomstroum, Dir wësst et alleguer. Den Undeel un Atomstroum, dee louch 2018 bei 10,4 %. Voilà! Mir benotzen ënner engem gréngegen Energieminister Atomstroum zu Lëtzebuerg.

(Interruption par M. Claude Turmes)

Dat ass d'Realitéit!

(Interruption)

Ma da sidd éierlech a sot de Leit et an haalt op, hinne Sand an d'Aen ze streeën!

Da gëtt geschwat vu sozialer Gerechtegkeet dobäi. Wat ass da sozial gerecht? Natierlech wäerten déi Aarm am meeschten drënner leiden! Klimaschutz ass net sozial!

An et wäert en negativen Impakt hunn op d'Kompetitivitéit vun der Lëtzebuergescher Wirtschaft an Industrie. Et wäert en negativen Impakt hunn op eis ëffentlech Finanzen. Jo, mir ginn heideruech e Stéck méi aarm! An da wësse mer nach net, wat dat Ganzt mat sech bréngt vu Rateschwanz, well alles dat, wat mer hei soen, dat ass jo just eng Rumm. An den Inhalt, wéi jo och gesot ginn ass, dee soll jo eréischt méi spët kommen a Form vu groussherzogleche Reglementer.

Mir stëmmen am Fong hei eppes, wou mer net wëssen, wat genee dat Ganzt mat sech bréngt.

A wat wäert kommen? Hei ass alles, wat op eis duerkënn: méi Steieren, déi näischt bréngen; méi Fuerverbueter, déi näischt bréngen; Klimaquoten, déi näischt bréngen; blann Elektromobilitéit, déi näischt bréngt, an zu gudder Lescht Honnerte vu Milliounen vun Aboussen, well mer den Tanktourismus wëllen ofschafen. Vill Suen, déi feelen dann, well déi ginn da gebraucht fir de Klimafonds an net fir aner Saachen.

Bravo! Wa mer fäerdeg sinn domadder, wann déi gréng fäerdeg sinn domadder, da si mer faillite! An et gesäit een et jo och elo schonn: Dëst Joer hu mer d'Ziler vun der Reduktioun vun den Zäregaser erreecht. Wow! Firwat hu mer se dëst Joer erreecht? Dir wësst et: weinst der Coronakris, déi eis Wirtschaft während Méint lamgeluecht huet. An dat weist eppes ganz, ganz gutt: Déi Ziler vu minus 55 % si just ze erreechen, wa mir an den nächsten zéng Joer all Joer eng Kris hunn an d'Wirtschaft zesummebrécht. Dat ass d'Realitéit!

Mee och déi aner Parteie liewen net an der Realität oder hunn net de Courage, eng realistesch Politik ze maachen, well se Angscht hu viru grénge Fanatiker, souwuel am Europaparlament wéi och hei. Mir hu keng Angscht! An dat ass de groussen Ënnerschied zwëschen eis an de populistesche Parteien, ...

(Brouhaha général et exclamations)

... déi de Leit eng radikal a schnell Energiewend versprechen.

(Brouhaha et interruptions)

An da sidd wannechgelift e Minimum realistesch! Mir brauchen x Joer, fir e Stadion ze bauen. Mir brauche Joerzëngte fir eng Nordstrooss. Mir brauchen aacht Joer, fir eng Klinik ze bauen. Mir brauchen zéng Joer, fir eng drëtt Spuer op der Diddelenger Autobunn ze bauen. An elo wëllt Der bannent zéng Joer 55 % manner Emissiounen hei am Land! Wéi soll dat da goen an zéng Joer?

Déi ganz Wirtschaft an déi ganz Liewensaart a -weis sollen an zéng Joer op d'Kopp gedréit ginn. An Dir wäert gesinn, an ech soen et elo haart an dätlich: Wann alles gutt geet, wäerte mer emol net d'Hallschent, 27,5 %, dovun erreechen. An ech mengen, déi meescht vun lech wëssen och, dass dat esou wäert sinn.

Är Klimapolitik ass aus all deene Grënn, déi ech hei opgezielt hunn, voller Widderspréch, ganz schlecht a si ass net méiglech. Pardon, dach, si ass, si wier vläicht méiglech, si ass vläicht méiglech, wa mer hei eng total Kris kréien, wann eise Bruttosozialprodukt an de Keller geet, wa mer Rezessioun hunn, Aarmut, industriellen a wirtschaftlechen Ënnergang. Jo, da packe mer et! Dir wëllt dat vläicht, mir net!

■ Plusieurs voix.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.-** Merci villmools, Här Keup. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

(Brouhaha)

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Et ass näischt einfach op dëser Welt. An zemools d'Klimaziler ze erreechen ass wierklech keng einfach Saach, an dat gesi mer och un deem Projet de loi. Mir gesinn dat aneschtens wéi d'ADR. Mir wäerten dat Gesetz och net matstëmmen, mir wäerten eis enthalten, mee aus ganz aneren Ursaachen natierlech och.

D'ailleurs, et stëmmt, warscheinlech ass nach ni esou vill gebaut ginn zu Lëtzebuerg, esou vill wéi an deene leschten 2.000 Joer. Ech géif souguer soen, wéi an deene leschte 5.000 Joer, 10.000 Joer, 100.000 Joer, zënter dem Big Bang ass nach ni esou vill gebaut ginn zu Lëtzebuerg, oder zënter deene leschte 6.000 Joer, wéi et am Alen Testament heescht - well ech mengen, d'ADR gleeft éischter dem Alen Testament wéi der Wëssenschaft.

(Brouhaha)

Dovunner ofgesi wéilt ech awer e puer Wieder verléieren. Ech hu gesot, mir géifen eis enthalten. Mir enthalten eis aus verschiddeenen Ursaachen: weinst



dem Inhalt, e bëssen och weinst der Prozedur. Well et muss een awer soen, datt dëse Projet de loi, deem awer wierklech net onwichtig ass, am Dezember (veuillez lire: Dezember 2019) deposéiert gouf. Et ass laang näischt komm. Et kann een natierlech soen: covidbedéngt. Jo oder nee? Ech weess et och net. Mee op eemol kann een och verstoen, datt laang näischt komm ass, a mir sinn och net déi, déi soen: „Et muss op eemol ganz schnell goen an et hätt sollen innerhalb vun dräi Méint ofgeschloss ginn.“

De Problem ass awer deem, datt op eemol et erëm zrëckkënn an da muss alles innerhalb vun dräi Wochen ofgeschloss ginn, an enger Zäit, wou ech awer ka behaapten - an ech mengen, mir sinn zu ganz vill hei an dëser Chamber, déi dat kënne behaapten -, datt mer wierklech um Enn vum Joer vu moies bis owes a Kommissiounen sëtzen. Ech weess net, ob d'Kollegen an der Regierung sech ëmmer bewosst sinn, wat et bedeit, Deputéierten ze sinn, datt een net nëmmen ee Sujet behandelt an datt een och net ganz kompetent professionell héich Beamten zur Verfügung huet. Mee mir hu ganz kompetent Attachéen, déi och d'Rad schloen, well se mussen iwwer Logement, iwwer Educatioun, iwwer Ëmwelt, iwwer Wirtschaft, iwwer Finanzpolitik, Aussepolitik, Verteidigungspolitik, Travail, Sécurité sociale, alles behandeln zu e puer. An da kommen och nach esou Texter, déi ganz schnell mussen iwwert d'Bün goen. Dat ass net ganz seriö!

Am ursprénglechen Text, Här President, huet et geheescht, datt d'Klimakadergesetz déi grouss Ziler a Prinzippien vun der Lëtzebuurger Klimapolitik soll festleeën. Dierneft soll och en institutionelle Kader gesat ginn an d'Ëmsetzung vun den EU-Direktive séchergestallt ginn.

Wat ass elo dovunner am Gesetz? Ma mir mengen, just dee leschte Punkt, also de Kader, woumat dëst Gesetz weineg méi wéi just eng Formalitéit ass. Well kommt, mir sinn elo éierlech: Wéi eng Ziler gi gesat? Nieft deenen Ziler, déi am Kader vun den EU-Klimadirektive festgeluecht sinn, steet hei kee verbindlecht Zil dran. D'Zil, fir minus 55 % bei den Zäregasemissiounen bis 2030 ze erreechen, ass keng Obligatioun.

Wéi eng Prinzippien ginn etabléiert? Nodeems de Staatsrot derduerchgefuert ass, kann ee soen: „Keng!“ Ganz wichteg Grondsatz wéi déi vun der Klimadirektive festgeluecht, vun der sozialer Equitéit, vum Wouerhuele vun den Ëmweltproblemer insgesamt, déi si gestrach ginn; de Kolleg Galles ass virduun drop agaangen.

De Staatsrot huet gemengt, datt een déi sozial Gerechtegkeet misst definéieren, si wier net definéiert. Do ginn et zwou Méiglechkeeten: Et léisst een et falen, ganz einfach - bloum! -, oder et versicht een, dat Ganzt emol ze definéieren, et versicht een, sozial Gerechtegkeet am Klimakontext ze definéieren. An dat wier eng spannend Diskussioun gewiescht, mee selbstverständlech kann dat net goen, wann een innerhalb vun dräi Wochen alles dalli, dalli muss hei iwwert d'Bün bréngen an duerchboxen.

Déi eenzeg wierklech Norm, déi am Gesetz steet, ass de Verzicht op Atomenergie bei der Erreechung vun de Klimaziler. An ouni wëllen d'Atomenergie a Schutz ze huelen, mee mir wësse jo ganz genau, datt d'Atomenergie net de Problem ass bei den CO₂-Emissiounen. Natierlech ass et richtig fir ze soen, et soll een net dorobber zrëckgräifen, fir duerno spueren ze goen. De Problem ass jo awer deem - an dat ass en aneren Theemekomplex an dorobber ass den Här Galles zu Recht och agaangen -: Elektroautoen, Digitaliséierung, déi accru ass, déi anscheinend alles wäert vereinfachen, dat ass e Klimakiller, dat Ganzt. An dat wäert net einfach esou vum Himmel gefall kommen, dat alles wäert immens vill Energie kaschten, entweder Atomenergie, weiderhin, oder och fossill Energien, déi transforméiert ginn. Also muss ee ganz gutt oppassen.

An et muss een natierlech och soen: Déi gréisst Emittente vun Zäregaser sinn eeben an der Stol- an der Zementindustrie - bon, do a bei Cattenom -, mee justement och an der Stolindustrie, wou justement ArcelorMittal deem ass, deem d'Atomenergie kritt. Dat huet natierlech och en direkten Impakt op d'Lëtzebuurger Klimapolitik, sief et beim Verkauf vun Emissiounsrechter oder bei de Recettë bei der CO₂-Steier.

D'Gesetz gesäit d'Schafung vu sektoriellen Ziler vir, mee d'Fro stellt sech awer och do, wat déi wäerte sinn. Et ass net kloer, opgrond vu wéi engem Zilwäert bei den Emissiounen bis 2030 hei solle sektoriell Ziler festgeluecht ginn. Am Gesetz steet, datt dës Reduktiounsziler pro Sektuer op der Grondlag vum europäesche Reglement vun 2018 solle festgeluecht ginn. Dat Reglement gesäit awer ebe just déi minus 40 % bis 2030 vir. Fir eis stellt dat dat méi ambitiöus Zil vu minus 55 % bis 2030 nach méi a Fro. Wou ass d'gesetzlech Grondlag, fir méi ambitionéiert Ziler a Richtung minus 55 % festzuleeën?

D'Wierksamkeit vun de sektoriellen Ziler ass doriwwer eraus guer net esou evident. Jo, an dat ass och gesot ginn: Et feelt e Reglement. D'Gesetz ass am

Dezember vum leschte Joer deposéiert ginn, d'Reglement ass nach ëmmer net do! Iwwerhaapt, firwat ass kee Reglement do?!

Ech hoffen, mir wäerten dem Här Galles seng Motionen ënnerstëtzen, fir datt mer et bis am Januar wäerte kréien! Mee ech zweifelen drun. D'Reglement ass net do, well se sech an der Koalitioun net eens sinn - dat muss een awer klipp a kloer soen! Dat ass de Problem; Lëtzebuerg ass kleng, et kritt ee Saache mat. Dir sidd lech net eens ënnert de Ressourcen, well warscheinlech net jiddereen - warscheinlech net Dir, Madamm Ministesch -, mee well warscheinlech net jiddereen am Cabinet vun dëser Bettel-Regierung déi Klimaziler wierklech seriö hëlt, oder trotz de schéine Sonndesrieden, déi mer vum Finanzminister gemaach kréie. Mee mir wäerten nach bei de Budgetsrieden dorobber zrëckkommen, well ech mengen, dat muss een awer och eng Kéier ganz kloer soen.

An dovunner ofgesinn, den Artikel 5 vum Gesetz, deem awer och dat zukünfteg Reglement definéiert mat: „en fonction de l'impact social, économique et budgétaire“, dat seet villes an näischt. „En fonction de l'impact social“, jo, jo, jo, doriwwer léisst sech wierklech diskutéieren. „En fonction de l'impact budgétaire“, wat heescht dat? Wat fir enger Reegulung wäert dat ënnergeuerdent ginn? Gëtt duerno gesot: „O hei, do muss mer awer oppassen!“? Also dat sinn awer Froen - à la limite hätt ee kënne soen: „Dat Gesetz kann een net matstëmmen“, éierlech gesot. Mir sinn nach fein, wa mer eis enthalten. Mee mir wëllen awer all Effort a Richtung Klima ënnerstëtzen.

Wann iwwerschësseg Emissiounen, Här President, ëmmer erëm och op dat nächst Joer kënne reportéiert ginn, wéi ass dann iwwerhaapt garantéiert, datt et och wierklech zu den néidegen Efforte kënnt, fir den Zäregasausstouss an de verschidene Sektueren ze drécken? D'Regierung schéngt hei erëm déi Léisung ze hunn, si läit natierlech erëm op der Hand: Amplatz dohinnerzegoen an an de jeeweilige Sektueren nozebesseren, gëtt villméi op eppes zrëckgegraff, woumat Lëtzebuerg jo vill Erfahrung huet, nämlech Kompensatiounsmesuren, déi allméiglech Forme kënne unhuelen, just net déi vun de Reduktiounen vun den Zäregasemissiounen op eise Territoire.

Et kann ee vill doriwwer diskutéieren, awéifern Lëtzebuerg duerch Mesuren um eegenen Territoire kann d'Ziler erreechen. Ech froe mech awer, ob e Land wéi Dänemark zum Beispill sech déi Fro net och gestallt huet, wéi se e verpflichtend Minus-70 % -Zil bis 2030 an hirt Klimagesetz geschriwwen hunn, wat ausschliisslech mat Mesuren um eegenen Territoire muss erreecht ginn; mat der Ënnerstëtzung vun eise Kollege vun den Eenheetsléschten, dat muss ech och nach soen. Vläch ass déi Zilsatzung hei héich gegraff, vläch packe se dat jo och net, dat muss sech weisen, mee si engagéiere sech zu deem Zil. Si verpflichte sech politesch a mussen elo och liwweren.

Här President, mir haten als déi Lénk och d'Fuerderung no engem Klimagesetz am Walprogramm stoen. Dofir kritiséiere mir hei och net d'gesetzlech Initiativ u sech, mee dat, wat dobäi erauskomm ass.

E weidert, anert Element am Gesetz, dat fir eis net zefriddestellend ass, ass den institutionelle Kader vun der Klimapolitik. Wann nei Institutionen, wann nei Prozedure geschafe ginn, da muss een de Leit awer och d'Méiglechkeet ginn, sech wierklech ze bedeelegen. An dat ass erëm eng Kéier net esou richtig vun der Regierung gewollt.

Mir hu schonn am Kader vun der Debatt ronderëm de Klima- an Energieplang kritiséiert, datt d'Méiglechkeet vu Bedeelegung op den absolute Minimum beschränkt bleift, a mat dësem Gesetz gëtt dës Manktem fortgesat. Aner Länner hunn hei en anere Wee ageschloen, wéi Dänemark, dat justement a sengem Klimagesetz e Klimaforum mat kloeren verbindlechen Obligationen agesat huet. Et ginn och nach aner Beispiller. Ech hunn net vill Zäit, dofir ginn ech elo net dorobber an.

Mee wat wichteg ass, dat ass, datt dann Debatten entstinn, en Interesse entsteet. Et gëtt sensibiliséiert, et gëtt en Näreuedem geschaff fir Iddien, dat verpflichtet an déi gesellschaftlech Acteure mussen sech dann och positionéieren.

Mat dësem Gesetz gëtt zwar hei esou eng Klimaplattform geschaff, mee aus deem Gesetz geet net ervir, no wéi enge Krittären déi zesummegeat ass, ob et en Auswahlverfare gëtt a wéi dat Verfahren oflaffe soll. Hei ginn erëm op déi almodesch Aart a Weis Membere vum Minister nominéiert, fäerdeg, méi steet net dran! A mir wësse schonn, wéi et ausgeet: Da kréie mer erëm esou e bürokratesche „Comité Théodule“, wou kee richtig matkritt, wat do leeft.

Datt mer eis net falsch verstinn: Mir ënnerstëtzen d'Schafung vun enger berodender Plattform genau sou wéi déi vun engem wëssenschaftlechen Observatoire, mee dat muss och alles institutionell verankert ginn. Si mussen och eng gewëssen Autonomie

hunn, si mussen verpflichtend Missiounen kréien an déi mussen och an eng öffentlech demokratesch Debatt afléissen; an net just zum Beispill Rapporten am Opdrag vun der Regierung ufaerdegen, déi duerno am Tirang vun engem Ministère verstëbsen.

Här President, mir hunn donc e puer fundamental Problemer vum Gesetz ugeschwat: éischtens, datt dat Gesetz keng kloer Reegelen festleet, zweetens, datt dat Gesetz och net déi demokratesch Matbestimmungsméiglechkeete stäerkt. Dofir wëlle mer och hei eng Motion deposéieren, Här President, an där mer dann awer och fuerderen, datt reegelméisseg, all Joer, verschidde Berichter an der Chamber hei solle presentéiert ginn: e Bericht, deem iwwert d'Situatioun, iwwert den Accomplissement vun den Objektiv a Matière vum Klima schwätzt, en Historique mat de Projektione vun den Emissiounsgase par secteur, e Bericht och iwwert d'Recetten an d'Depensé vum Fonds climat et énergie an dann och nach e Bericht iwwert d'Mesuren, déi en cours sinn an déi och nach weiderhi geplangt sinn, fir all déi Objektiv am Klimaschutz kënne ze erreechen. Wannechgelift.

Motion 3

La Chambre des Députés,

- *vu la motion votée le 16 mai 2019 qui constate l'urgence climatique et prévoit des efforts accrus tant au niveau national qu'eupéen en vue de réaliser une décarbonisation progressive de la consommation d'énergie au Luxembourg* ;

- *vu le Plan national en matière d'énergie et de climat (PNEC) pour la période 2021-2030 visant une réduction des émissions de gaz à effet de serre de 55 % d'ici 2030 par rapport à 2005* ;

- *vu l'objectif à long terme de la neutralité climatique qui consiste à atteindre les « zéro émissions nettes » au Luxembourg d'ici 2050 au plus tard* ;

- *considérant le projet de loi n° 7508 relative au climat à l'ordre du jour de la séance publique du 8 décembre qui a e. a. comme objet la mise en place d'un cadre institutionnel de la politique climatique* ;

- *considérant l'introduction de la notion des objectifs climatiques sectoriels* ;

- *considérant la création de deux nouveaux organes, à savoir « l'Observatoire de la politique climatique » et la « Plateforme pour l'action climat et la transition énergétique » chargés d'évaluer les mesures mises en place et de conseiller le Gouvernement respectivement d'aviser les mesures prises ou envisagées par le Gouvernement et de nourrir le débat public sur le climat* ;

- *considérant que le projet de loi précité procède à une actualisation de l'alimentation et des investissements éligibles du Fonds climat et énergie*,

invite le Gouvernement

- *à présenter annuellement à la Chambre des Députés un rapport concernant la politique climatique qui comporte au minimum* :

• *un rapport de situation concernant l'accomplissement des objectifs visés en matière de climat* ;

• *l'historique ainsi que les projections des émissions de gaz à effet de serre totales et par secteur* ;

• *un rapport sur les recettes et les dépenses du Fonds climat et énergie* ;

• *un rapport sur les mesures en cours ainsi que les mesures planifiées en vue de l'accomplissement des objectifs en matière de climat*.

(s.) David Wagner, Marc Baum.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner.

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Voilà. Ech mengen, ech hu meng Zäit schonn e bëssen iwwerstrapazéiert, dofir wäert ech awer ofschléisse mat enger Saach - an dat ass a mengen Ae wierklech dat Wichtigst -, op déi och den Här Galles richtegerweis agaangen ass, an ech mengen, et muss een erëm eng Kéier drop agoen: Well déi Fro vum Klima, et ass evident, et ass keen eenzege seriöse Wëssenschaftler op der Welt, deem dat a Fro stellt, datt et hausgemaach ass, datt et och zesummenhänkt mam ekonomesche System, mam neoliberalen System, mam kapitalistesche System a Wierklechkeet, also datt et do ganz enk zesummenhänkt mat der Produktiounsaart a -weis, déi mer hei op dëser Welt hunn! An dofir si mer amgaangen ze bezuelen!

Et huet schonn ugefaangen! Dofir kann een emol net soen: „Dat si Projektione an dat ass Metaphysik.“ Et huet scho ganz kloer ugefaangen. A souguer wann haut, wa weltwäit d'Klimaziler elo haut direkt géifen erreecht ginn, dann hätte mer schonn immens vill Schued.

Dofir muss een d'Bevëlkerung mathuelen! An et kann een d'Bevëlkerung nëmme mathuelen, wann d'Bevëlkerung wierklech ka mat decidéieren a wann et och net antisozial gestaffelt gëtt, esou wéi sech dat virbereet an esou wéi mer dat och an de Budgetsdebatten nach wäerte kënne diskutéieren. Soss geet dee Schoss no hanne lass! An dat kënne

mer eis net leeschten, an déi nächst Generatioun nach manner!

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Eis Piraten läit de Klima- an Ëmweltschutz um Häerz. Dofir wëll ech och scho viroewech soen, dass mer zu den Ziler vun haut stinn an dëse Projet wäerte matstëmmen.

Als Éischt soen ech dem honorabele François Benoy Merci fir säin ausféierleche Rapport. D'Motion vun de Majoritéitsparteien hu mer mat ënnerschriwwen a wäerte mer matstëmmen.

Mir alleguerde liewen op engem Planét a genee dëse Planét mat all senge Schätz a Wonner gëllt et, haut an elo ze schützen an ze erhalen, domat mir - a ganz wichteg: och eis Kanner - vun dëser Natur lieve kënne. D'Mënscheet huet gewisen: Mir kënne op de Mound fléien a mir wäerte warscheinlech och an den nächste Joerzëngt bis op de Mars kommen. Et ass jo schéin a gutt, de Bléck op aner Horizonte ze geheien, mee, Här President, wat d'Mënscheet nach léiere muss, ass, dësem Planét - eiser Heemecht, vun där mir all ofstamen - de Respekt entgéintzebréngen, deem e verdéngt huet.

Wann een d'Bilanz aus de leschte Joerzëngten a souguer Joerhonnerte kuckt, da muss ee soen: Et dierf keng Zäit méi verluer goen! Mir hunn e Klimawandel, eng Erhéijung vun den Äerdtemperaturen, déi derfir suerge wäert, dass all Deel op der Welt dauerhaft wäert verännert ginn: Länner a Küstergioune wäerten iwwerschwemmt ginn, Regiounen, an deene virdu prächteg Bëscher waren, wäerten zu Wüste verdréchnen, Stied a Metropole wäerten dauerhaft mat Naturkatastrophe wéi Tornadoen, Stierm an Iwwerschwemmungen ze kämpfen hunn. Verännert Klimabedingunge plus eng Veraarmung vun eise Bueden duerch eng intensiv Landwirtschaft wäerten dozou féieren, dass eis Versuergung mat Liewensmëttel, ma och dat seltent Gutt Waasser a Risiko kommen an dass domadder och d'Iwwerliewe vun der Mënscheet, och vun der Déierewelt insgesamt a Gefor ass.

Här President, dat heite si richtig Prognosen, opgebaut vu Wëssenschaftler, déi haut schonn iwwerall op der Welt änlech Phenomene beobachten. Kee Krich, keng bis elo bekannt Katastrophe wäerten esou vill Doudesaffer fuerdere wéi eist Nethandele géint d'Klimakris.

Lëtzebuerg huet am Klimaschutz-Index, dee gësch verëffentlecht gouf, nach weider Plaze verluer an eng Datz kritt. Et vergeet einfach ze vill Zäit, ier konkret Moosname kommen. Beim Klimaschutz-Index vu gësch leie mer elo tëscht der Ukrain an Ägypten, den EU-Duerchschnitt ass däitlech besser wéi de Ranking vu Lëtzebuerg. Dat sollt eis ze denke ginn!

Natierlech kann een ëmmer soen: Dat klengt Lëtzebuerg kann eleng de Klimawandel net stoppen. Mee dorëms geet et jo guer net! Mir sinn net eleng, et ass eng grouss Unzuel vu Länner an der ganzer Welt, déi sech zu Paräis dozou verpflicht hunn, sech géint de Klimawandel anzusetzen. Wa Lëtzebuerg sech e Kader setzt, wéi mer d'Klima schützen wëllen, da maache mer dat zesumme mat villen anere Länner op der Welt. A wa jiddere mat upeekt, ma da packe mer dat och a mir schützen gemeinsam eise Planét.

Jo, Lëtzebuerg ass kleng, mee och mir mussen d'Ëmweltbilanz däitlech verbessern an als gutt Beispill fir eng modern a fair Gesellschaft mam gudden Beispill virgoen. Fir eis Piraten ass et kloer: Natur an Ëmwelt, Mënscheet an Déiere sinn ze schützen. Mir Piraten sti kloer dofir an, fir d'Ziler vum Paräisser Accord ze erfüllen, souguer nach méi wäit ze goen, well mir sinn eis bewosst: Souguer mam Erreeche vun de Paräisser Ziler schwäche mer de Klimawandel am beschte Fall nëmmen of.

Och wa mir Piraten haut hei fir dëse Gesetzesprojet wäerte stëmmen, esou ass et awer nach ëmmer e Gesetz, dat eis am Ëmweltschutz net wäit genuch geet. Et ass eeben e Kompromëss. A wien d'Piraten kennt, dee weess, wéi héich déi mof Ambitionen an der Ëmweltpolitik sinn an dass et eis net schnell genuch geet. Mee d'Zilrichtung ass gutt. De Paräisser Klimaaccord kritt heimadder e gesetzleche Kader, deem domat zu Lëtzebuerg Uwendung fënn.

Wat allerdéngs d'Mesuren ugeet, déi d'Regierung duerschféiere wëllt, fir eng Dekarboniséierung vun eise Land virunzedeiwen, do kommen Zweifel op. Huele mer zum Beispill nach eemol déi iwwer 200 Schëffer, déi ënnert dem Lëtzebuurger Fändel fueren, oder huele mer d'Kritik un de Kuerzfläch Saarbrécke-Paräis: Näischt geschitt!

Wëlle mer eraus aus dem Tanktourismus, da mussen mer ophalen, en Dumpingspräis um Diesel a Bensinn unzëbiden. Jo, dat ass net beléift, mee et wär



eng gutt Ëmweltpolitik. Da muss d'Benotze vum Auto besteiert ginn, sollt en CO₂ an d'Loft pompen, an net de Besët, wéi an der aktueller Autossteuer. Dofir si mir Piraten kloer fir eng Autosvignette, bei där all Auto op den Ëmweltpakt iwerpréift gëtt, dat all Dag an net mat enger Flatrate.

Et feelt aktuell nach massiv un erneierbaren Energien hei am Land - nach ëmmer. Zum aneren ass d'Elektromobilitéit nach net do, wou se sollt sinn. Et ass nach vill Potenzial do. Mee keen anert Land huet wuel esou déck Elektroautoe wéi mir hei am Land, dat op d'Kilowattleschtung gemooss. Do muss een och emol éierlech drop opmierksam maachen: Net den décken Elektrosportswon ass déi besser Léisung!

Derbäi kënnt: D'Primme si fir de Kaf vun Elektroautoen nach ëmmer net sozial gestaffelt. Leider bezitt d'Regierung mat hire Primmen nach ëmmer déck Autoe vun iwwer 100.000 Euro, wou den Ëmweltnotzen a Fro ka gestallt ginn, vum Soziale guer net ze schwätzen.

An da bleift och nach ze soen, dass nach ëmmer Palmueleg am Biokraaftstoff, an eisem Sprit benotzt gëtt. Dat fanne mir Piraten skandaléis! Do misst direkt gehandelt ginn.

Bei de Moosnamen existéieren deemno nach ganz vill Hiewelen, un deenen ee schalte misst, well d'Ziler géint de Klimawandel si schonn zënter Jore bekannt. Et gi vill Weeër, wéi mer se erreeche kënnen. Aner Mesurë goufen dogéint gutt gemaach, esou zum Beispill de Steierkredit vu 96 Euro d'Joer, mat deem elo d'Leit mat schwachem Akommes net vun der CO₂-Steier wäerte betraff ginn. Mir Piraten ënnerstëtzen, dass de Klimawandel net op de Schëllere vun de Leit mat klengem Akommes wäert gedroe ginn (veuillez lire: dass de Kampf géint de Klimawandel net op de Schëllere vun de Leit mat klengem Akommes wäert ausgedroe ginn).

Zum Gesetzesprojet hu mer awer nach eng Umierkung ze maachen, an zwar zu den Article 6 a 7 vum Gesetz iwwert d'Aféierung vum Berodergerm, der Plateforme climat, an zu dem Observatoire fir d'Klimapolitik. Et ass jo schéin a gutt, wann d'Majoritéitspartei sech eens sinn, dass een esou Berodungsgremie brauch. Och mir Piraten gesinn dat d'selwecht, well et wichteg ass, dass mir Politiker eis berode loossen. Woumadder mir Piraten awer e Problem hunn, dat ass, dass erëm eleng d'Regierung d'Membere vun dese Berodergerminen nenne wäert. An dobäi leeft esou e Gremium grad dovunner, dass ee kritesch Leit op esou Plaze setzt, Leit, déi sech trauen, eppes ze soen, och eppes, wat der Regierung net gefält.

Op jidde Fall fanne mir Piraten, dass Schluss muss si mat de Conseillere, déi duerch d'Ministèren op hir Plaz kommen. Och des Conseillere sollten engem demokratesche Prinzip ënnerleien an transparent Kompetenzen op den Dësch leeën, déi gebraucht gi fir matzemaachen.

Mir sinn iwwregens net eleng mat eiser Meenung, well och de Mouveco schreift a sengem Avis zu dem Gesetz, dass mer e wierklech onofhängege wëssenschaftleche Komitee brauchen an am Gesetz och misst kloer gesot ginn, wéi eng Kompetenzen d'Leit an deene Gremie brauchen. Wann d'Regierung esou Gremie wierklech eescht hëlt, dann dierfen et net d'Ministère sinn, déi d'Membere hei drasetzen.

Ausser dem Bemoll bei de Praktike vun der Majoritéit fanne mer d'Gesetz awer e gudder Wee. Ech ginn dofir haut och den Okay vun de Piraten fir dese Projet, och wann eis mof Ëmweltpolitik méi ambitiéis ass. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Ëmweltministesch Carole Dieschbourg.

Prise de position du Gouvernement

■ **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.** - Här President, léif Kollegen aus der Regierung, Dir Dammen an Hären Deputéiert, als Éischt emol erlaabt mer, dem François Benoy, eisem Rapporteur, fir säi gudder mëndlechen a schrëftlechen Rapport e grouse Merci ze soen. Merci och alle Virriedner, déi sech engagéiert gewisen hu fir de Klimaschutz, déi sech engagéiert gewisen hunn an déi d'Wichtegkeet vun der Urgence ze handeln ervirgehewen hunn an déi de Wee fräimache fir dëst Gesetz.

An ech huelen zur Kenntnis, mat grousser Bedauern, dass mer nach e Klimaskeptiker hunn, dee mer a sech nach mussen iwwerzeegen - mee dat mache mer! Dat mache mer an ech si besonnesch frou, dass mer dëst Gesetz an dëser Woch stëmmen, déi Woch mam 12.12. dran, wou mer de Paräisser Accord, fir dee mer immens gekämpft hu viru fënneg Joer, ugeholl hunn.

Fënneg Joer Paräisser Accord des Woch - eng wichteg Woch um internationalen europäesche Plang, well eis Staats- a Regierungschef wäerten iwwert d'Unhiewe vun der Ambitioun vun Europa debattéieren an et hoffentlech och votéieren, also dat unhuelen. Dat mécht eis als Klimaministèren de Wee fräi,

fir d'nächst Woch am EU-Kader kënnen iwwert den neit Klimagesetz um europäesche Plang ze debattéieren. Et ass also eng wichteg Woch, fir iwwert d'Klimakris, déi an dëser Pandemie net verschwonnen ass, hei an dësem héijen Haus ze debattéieren an ze votéieren, an ech verstoppe meng Freed dorüwer net.

Ech erwaarde mer esou oder esou an deenen nächste Wochen a Méint eng méi grouss Dynamik beim Klimaschutz, well ee vun de groussen Klimaskeptiker wäert déi international Bün geschwéerlooss hunn an da wäerte mer mat den USA erëm e Partner um Dësch hunn, mat deem mer och am Kader vum Accord vu Paräis e gemeinsame Wee huelen, e Wee vun, jo, vu „Responsabilitéit“, an ech mengen, dass esou munche Virriedner genau dat Wuert benotzt huet.

Klimaschutz bedeit, Responsabilitéit ze iwwerhuele fir haut, Responsabilitéit ze iwwerhuele fir künfteg Generatiounen an eis all zesummen d'Méiglechkeet ze ginn, an enger besserer, an enger méi gerechter an enger méi friddlechter Welt ze liewen, well Klimaschutz heescht och: méi Sécherheet a Preventioun vu Kricher.

Dëst Kadergesetz, dat vu ville Virriedner beschriwwen gouf, ass op d'Ëmsetzung vum Paräisser Accord ausgeluecht, vu sengem Ambitiounszyklus och a vun europäesche Politicken, déi an Zéngjoresschrëtt ginn. Mir hunn eis net wéi aner Länner, zum Beispill Schweden, op politesch Zyklen verlooss. Mir soen zu Lëtzebuerg: Mir wëlle seriöse Klimaschutz maachen, an zwar elo, fir 2030 an 2050, mat engem klore Niveau vun Ambitioun, deem iwwert d'Zäit kann eropgoen, mat engem klore Ziel: spëtstens 2050 klimaneutral ze sinn.

Mat engem weidere klore Ziel awer och: der Klimapassung - also deem, wat mer fir d'Sécherheet an d'Resilienz musse maachen, och déi néideg Importance ze ginn. Klimapassung - jo, och dat hu Virriedner gesot -, déi war an eise Breetegraden oft nach net esou vu politescher Wichtigkeet, si gëtt et awer ëmmer méi duerch extreem Evenementer.

Dëst Gesetz gëtt eis also fir Lëtzebuerg, éischstens, e klore Kader, fir d'Ziler ze setzen - 2030, 2050 - an d'Upassung. Et gëtt eis zweetens e klore Opdrag, dat zesummen ze maachen. Mir definéieren eis eege Gouvernance: Wéi schaffe mir hei zu Lëtzebuerg déi Ëmsetzung gemeinsam? Duerch d'Ëmsetzung vun eisem nationale Klima- an Energieplang, wou d'Leit elo hei zweemol kënnen an der Consultation du public matmaachen, wou mer en Transparenzkader schafen, dass een eng Kéier ka beim Avant-projet, dee schonn 2027 gemaach gëtt, mat schwätzen an duerno nach eng Kéier bei der strategescher Ëmweltprüfung. An ech mengen, dat ass einfach wichteg, dass mer esou en transparente Kader vum gemeinsamen Erschaffe vun deem Plang maachen, deen esou wichteg ass an dee mer och dofir an der Chamber debattéiert hunn am leschte Joer, wou och d'Motioun vun der CSV, déi den Här Galles genannt huet, koumen.

Drëtens gi mer eis d'Moyenen, fir dat ëmsetzen. Dat heescht, mir schafen och e Kader, wéi mer dat finanzéieren, an zwar heiheem - déi néideg Moyenen och fir Klimapassung - an awer och am Ausland. Lëtzebuerg ass d'Top Ent op der ganzer Welt bei der internationaler Klimafinanzéierung. Mir maache se zousätzlech zu eiser Entwécklungshëllef a mir maache se mat Engagement, well mer wëssen, dass mer eng Responsabilitéit hunn. An dat ass, mengen ech, ëmmer erëm dee Kader, dee mer hei musse rappeléieren.

Jo, zanter 2014 si mer och e klore Kader um internationalen Niveau fir Ambitioun. An och des Woch wäert Lëtzebuerg sech derfir asetzen, dass zu 2030 net Netto-Reduktiounen maachen, dass mer net schéierechnen! An dat ass et - do géif ech gär dem Här Galles och äntworten -: Et geet an der Klimapolitik net drëm, engem Zauberstaf nozelafen an iergendwellech Optiounen wéi Geoengineering-Solitiounen ze pushen, et geet dorëm, real Reduktiounen ze maachen. Et geet net ëm onbedéngt Nettoziler, ausser wa mer soen: Klimaneutralitéit bis 2050, do musse mer rechnen. Mee fir 2030, do geet et nach ganz kloer drëm, dass mer eis fir e Mindestreduktiounszil vu 55 % engagéieren, an dat maache mer mat dësem Gesetz.

Et ass och erlaabt, méi ze maachen, well jee besser mer schaffen - d'Solitiounen leie bal all um Dësch -, wat mer se méi schnell ëmsetzen, desto besser fir eis Liewensqualitéit. A stellt lech künfteg e künfteg Lëtzebuerg vir, wou d'Kanner an den Uertschaften d'Stroossen deelweis erëm zrëckkréien an do kënnen spillen, mer flott Projete kënnen maachen, eng duuss Mobilitéit promouviert gëtt - faarweg Stied. Ech mengen, dat ass eng Optioun, déi mer jo alleguert wëllen. An och dat heescht, Resilienz opbauen, an och dat heescht Klimaschutz. Mir musse méi vu Chancë schwätzen an net esou vill Angscht hu viru deene groussen Defien.

An da wëll ech och soen, Här Wagner: Verschiede Prinzipien, déi d'Regierung kloer och mat op de Wee ginn hat - vu Klimagerechtheet, vun der sozialer Gerechtheet -, bei dese Politicke sinn déi

ëmmer nach d'Fundament vun deem, wat mer maachen. An Dir musst nëmme kucken: Bei der CO₂-Bepräisung, do war deen éischte Soucis, dass mer do fir Gerechtheet suergen. An och ëmmer nach ass ee vun de Prinzipien, dass mer eng integréiert Politiounsreduktioun maachen, dat heescht, dass mer net nëmme CO₂ reduzéieren, mee dass mer och op d'Mënscherechter op anere Plaze vun der Welt oppassen a keng grouss Staudämm bauen an net Leit hiren Terrain ewechhuelen. An och dat muss e Prinzip vun enger gudder, inteegeerer Klimapolitik, sinn an dee vergiesse mer net a fir deen engagéiere mer eis. Och zesumme mat der Chamber, déi dat elo an eng Motioun schreift, an ech si frou, dass déi Motioun eng grouss Ënnerstëtzung fënnit.

Da kommt, mir kucken och, wat an de leschte fënneg Joer um internationale Plang geschitt ass! 2014 waren immens vill Leit skeptesch, och Leit, déi hei am Raum setzen, ob mer ëm 40 % kéinte reduzéieren. Dat war 2014/2015, wéi eis Staatschefen dat beschloss hunn. Ech war net sécher, ob mer dat 1,5-Grad-Zil, dat mer elo am Gesetz stoen hunn, zu Paräis géifen erreechen. An awer: Déi jonk Leit, d'ONGen, ganz vill aktiv Leit a Gemengen, déi an engem Klimapakt matmaachen, hu bewisen: Et geet! An et ass e Méi u Liewensqualitéit. Iwwert d'Zäit, iwwert déi lescht puer Jore, hu mer den Ambitiounslevel eropgesat. Dofir sinn déi 55 % gerechter op 2005, déi haut an dësem Gesetz grouss Ënnerstëtzung fannen, fir mech e Mindestzil, a mir kënnen natierlech dorüwer erausgoen.

Jo, mir hunn d'Responsabilitéit, och no an no deem Ambitiounszyklus vum Paräisser Accord, deen a Fënnegjoresschrëtt schaff, Rechnung ze droen. Ech sinn iwwerzeegt, mir packen dat, an zwar, well mer dee Méi u Liewensqualitéit, dee Méi un Innovatioun, dee Méi un Innovatioun fir eis Economie och wëllen! Well mir sinn e Land, wat net grouss ass, mir hunn net vill eeg Ressourcen, also brauche mer Innovatioun. Mir sinn d'ailleurs do um Schaffen, an déi Leit, déi de PNEC gutt gelies hunn, déi hu gesinn, dass d'Regierung e klore Engagement mécht fir e Land vun de „climate solutions“. Mir schaffen haut schonn, wat déi 1.000 Solitiounen vum Bertrand Piccard ugeet zum Beispill, mam LIST zesummen, wou mer kloer analyséieren, wéi eng Projete am meeschte Sënn maachen.

Lëtzebuerg huet sech schonn 2017 mat der drëtter industrieller Revolutioun, gemaach vum Wirtschaftsministerium mat alle Ministèren dobäi, kloer Strategie ginn, fir 2050 klimaneutral ze sinn, an zwar fir d'wirtschaftlech Secteuren, Här Galles! Do hu mer e klore Engagement gemaach, schonn ier mer d'Gesetz hatten, a mam Gesetz verfestegte mer dee Kader, deen et hei zu Lëtzebuerg scho gëtt, a mir belounen och déi Leit, déi elo bis ewell schonn ëmmer aktiv Klimapoliticke gemaach hunn, an dat an all Beräich.

An et ass wichteg, dass et an all Beräich ass an dass mer vun deene fënneg Secteuren schwätzen. A jo, mir hunn haut nach kee Reglement, well - an dat hu mer och ganz kloer gesot - mir hatten am éischte Projet de loi drastoen, dass mer en interministerielle Komitee grënnen. D'Regierung huet, wéi mer d'Amendement gemaach hunn, ugeholl, dass mer eeben dee Komitee elo esou maachen, dass mer eis organiséieren. A mir wäerten - an dat kënnt sous peu - eebe mat deenen anere Ministèren zesumme kucken: Wéi kënnen mer déi Secteuren uerdentlech bedéngen?

Well, Här Galles, léif Deputéiert, ech mengen, dass mer eis alleguert eens sinn, dass et awer ënnerschiddlech ass an dass mer net einfach duerch d'Bank kënnen soen: 55 % Reduktioun fir jiddereen - dat ass jo och previsibel -, mee dass mer musse soen, dass mer zum Beispill e Secteur vun der Landwirtschaft hunn, deen och ugeschwat ginn ass, dee vläicht méi Schwierigkeeten huet, déi Ziler ze erreechen, an dass et dann och nëmme richtig a fair ass, dass mer ënnert de Ministère kucken, wat machbar ass. Am Transport hu mer déi lescht Jore esou vill Paradigmewissel gemaach fir eng besser Mobilitéit, dass ech der Meenung sinn, dass esou e Secteur zum Beispill kéint méi maachen, während eng Landwirtschaft muss richtig Solitiounen kréien.

An da musse mer och net ..., oder musse mer och oppassen, dass mer net falsch Hoffnungen ginn. D'Chiffere vun der Landwirtschaft - dat ass dee Secteur, dee mer wierklech Suege mécht -, déi sinn an deene leschte Jore vu 630.000 Tonnen op 690.000 Tonnen eropgaangen. Déi aner Secteuren si gréisstendeels erofgaangen, ausser dem Spritverkaf, dee mer jo dunne och cadréiert hunn.

Hei schwätze mer op där enger Säit vu Lachgas, op där anerer Säit vu Methan, op där enger Säit vun Düngen. Do kënnen mer Win-win-Situatiounen maachen, Waasserschutz, Loftqualitéit, dat kënnen mer am Kader vun der PAC maachen. Wa mer d'Nitratdirektiv uerdentlech anhalen, da wäerte mer och an deem Beräich do kënnen eppes schaffen. Da schwätze mer vu Methan an do musse mer eng éierlech Diskussioun iwwer Véibestand awer och féieren. An déi steet nach un. An dee Secteur musse mer dofir kucken. An ech wëll mer och dofir

déi néideg Zäit ginn; ouni ze soen, dass et nach laang dauert. Awer do musse mer genau hikuucken. Mee do musse mer och d'Chancë vun der künfteger Gemeinsamer Agrarpolitik notzen, an d'Klima ass do eng Prioritéit.

A wa mer vum Banne schwätzen, da kommt, mir iwwerestiméieren d'Potenzial net! Laut den eenheetleche Rechsystemer, déi et ginn, hu mer genau an deem Kader vum Banne vun den CO₂-Emissiounen 250.000 Tonnen iwwer duerg Joer. Wa mer dat vergläiche mat den Emissiounen, déi zu Lëtzebuerg sinn, dann ass dat ganz geréng. Ech géif mech wierklech net dorobber verloossen. Da géif ech mech net op falsch Weeër lackele loossen. Falsch Weeër heescht „carbon capture and storage (CCS)“ - dat hutt Der genannt - oder Geoengineering.

Klimapolitik, dat schaff, ee mat éierleche Reduktiounen vun CO₂-Emissiounen mam natierleche Banne vun CO₂, sief et iwwert d'Graslandschaften, sief et iwwert d'Bëscher. Mee kommt, mir kucken net Ongerechtekeiten ze verdéiwen duerch Geoengineering, wou déi Räich sech kënnen viles leeschten, a kommt, mir kucken net Politik mam Zauberstaf an där Hisiicht ze maachen an eis op falsch Solitiounen lackelen ze loossen, andeems mer bannen.

D'ailleurs, Här Galles, ech denken, dat ass deene meeschten heibanne bewosst, ech weess net, ob et lech bewosst ass: Lëtzebuerg huet den CCS a sech iwwert d'Waassergesetz an och iwwer en anert Gesetz gesetzlech verbueden. Et war d'ailleurs och den Här Schank als Virgänger, deen do Gesetzesprojeten hat.

Dofir, ech mengen, dat ass eng Pist, déi Lëtzebuerg bis ewell hat, wou ëmmer gesot gouf: „Kommt, mir rechnen net schéin, kommt, mir reduzéieren eis Emissiounen, andeems mer déi néideg Efforte maachen!“ Dat huet bis ewell geklappt. Am Wunnengsbau hu mer iwwer 30 % pro Kapp reduzéiert, trotz méi Wunnengen, iwwert déi lescht Jore! Dat ass fantastesch! Mir waren déi bescht an der Effizienz fir nei Wunnhaier! An där Schinn musse mer weider Virreider si fir Klimaschutz.

An dann zu den Autosprimmen, ier meng Zäit ofgelaf ass: Zu den Autosprimmen wëll ech soen: Do hutt Der lech geiert. An et wär besser gewiescht, mir hätten dat an der Chamberskommissioun debattéiert, well et gëtt leedeglech e Plaffong agefouert fir d'Autosprimme vun 8.000 Euro, dass déi net nach méi héich kënnen goen. A wann Der de PNEC gelies hutt, da gesitt Der, dass d'Hybridprimmen 2021 wäerten auslafen. D'Hybridprimme waren d'ailleurs déi eenzeg, déi net gehéicht goufen, déi si bei 2.500, net bei 8.000. Do ass einfach elo, mengen ech, e kleng Mëssel geschitt, deen hätte mer kënnen an der Kommissioun iwwerschwätzen.

An ech mengen, déi Primmen, déi am Kader vun der grénger Relance gemaach goufen, déi hate wierklech Succès, insbesondere déi vum Vëlo. Mir sinn och schonn nei Weeër um Goen. Mir hu Bëschaide, déi am Summer duerch de Regierungsrot ginn, wou mer dat éischt Land sinn, wat och d'wichtig Roll vum Bësch belount an de Bëschbesëtzer, de private Bëschbesëtzer hëllef. Mir hunn deen neie Klimapakt um Wee, deen d'Gemenge mat an d'Boot hëlt.

An domadder wëll ech dann och ofschléissen. Ech sinn der Meenung, dass mer mat dësem Gesetz e Meilestee setzen, e grouse Schrëtt no vir maache fir eng gutt gemeinsam, op Wëssenschaft baséiert Klimapolitik mat allen Acteuren, duerch d'Plattform, duerch den Observatoire vu Wëssenschaftler, an dass mer esou där aktueller Kris - well si ass do - kënnen Rechnung droen. Jo, mir wäerten dëst Joer eng Punktlandung maachen. Mir wäerten eis Klimaziler erreechen. Mir wëssen awer och, dass en Deel Pandemie war. Mir suergen elo als Regierung derfir, dass déi Relance, déi wäert kommen, och nohaltig gëtt. An dofir gi mer eis déi néideg Moyenen, dat wäert Der d'nächst Woch am Budget bestëmmt debattéieren.

An ech wënsche mer, dass mer an dëser Chamber wierklech och an Zukunft de Courage hunn, responsabel gemeinsam ze handeln an eis eis Welt nei virstellen, anescht virstellen, besser virstellen a méi gerecht, an dat geet mat engem Klimagesetz.

A fir ofzeschléissen, erlaabt mer nach ganz kuerz e ganz, ganz grouse Merci un d'Kollegen an der Regierung, u meng Mataarbechter, déi säit annerhallem Joer mat op deem Gesetz hei schaffen, un de Rapporteur natierlech an un all déi, déi dat haut wäerte matstëmmen. Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools der Madamm Ëmweltministesch Carole Dieschbourg. An direkt Parole après ministre, fir d'Madamm Hansen fir d'Éischt an duerno fir den Här Kartheiser.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Jo, merci, Här President. Wann ech d'Madamm Minister richtig héieren hunn, huet si de Bioengineering oder Geoengineering e bësse mat engem Zauberstaf verglach. Also mir waren an zwee Klimainstitute, déi hunn eis erkläert, datt et leider Gottes net méi géif



duergoen, fir just manner CO₂ ze produzéieren, mee datt een awer gläichzäitig misst déi aner Pist fue-ren.

Duerfir wollt ech elo just nach eng Kéier konkreet vun der Madamm Minister wëssen: Wëllt si dat definitiv komplett ausschleissen?

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- An dann den Här Kartheiser, wannechgelift.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Här President, villmools merci. Ech wollt awer e puer Saachen kloerstellen. Ech hunn der Madamm Minister hir Ried ganz opmierksam nogelauschtert, mee ech mengen, et muss een awer och e puer Punkte soen, fir dat net esou stoen ze loossen, wéi si et hei presentéiert huet.

Dat Éischt ass d'Landwirtschaft. An Dir hutt e puer Secteuren ugeschwat. déi gréng maache massiv Drock op d'Landwirtschaft, well se gär hätten, datt méi Biolandwirtschaft ageféiert gëtt. Mir soen: Wie wëllt Biolandwirtschaft maachen, dee soll et maachen. Mee mir wëlle keen Drock op d'Bauern!

Et ass och do ganz vill Ideologie. Dir hutt zum Beispill de Glyphosat als éischt Land an der Europäescher Unioun verbueden, ouni Alternativ! An d'Bauere soen zu Recht: „Elo musse mer mechaesch de Buedem bearbechten, wat net onbedéngt besser ass fir d'Natur, éischter de Géigendeel, well et zu enger Buedemerosioun féiert.“

Dir schwätzt vun den alternativen Energien. Mee wësst Dir, wivill Buedem verbraucht gëtt a wivill Vulle stierwen duerch déi industriell Wandanlagen, déi am Land opgericht ginn? Dir hutt de Culot, hei vu Mëscherechter an anere Länner ze schwätzen! Mir loossen lech net méi, Madamm Minister - lech net a kee vun der grénger Partei -, hei iwwer Mëscherechter schwätzen, ouni lech ze soen, datt Dir eng Politik subventionéiert, wou Kanner am Kongo an ongesécherte Minne sinn, fir dee Kobalt ofzebauen, den Dir braucht fir Elektroenergie!

Den Här Turmes huet eis hei gesot, e schafft mat Korea a mat Schweden un Alternativen. Déi sinn net ze gesinn! A soulaang Dir dat net ännert, schwätzt eis hei net vu Mëscherechter!

Dir hutt nach aner Domänen ugeschwat, wéi d'Wunnen. Wësst Dir, datt déi gréng Politik, zum Beispill déi Exigenz fir Passivhauser, d'Wunnen nach méi deier mécht hei am Land, wou mer scho vill Problemer hunn?

Madamm Minister, mir wëllen déi gréng Politik konsequent hannerfroen, well keng vun Äre Moossnamen ass indiskutabel an déi gréng Politik kann eis net iwwerzeegen! Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Kartheiser. An dann nach Parole après ministre fir den Här Paul Galles.

■ **M. Paul Galles (*CSV*)**.- Merci, Här President. Och merci der Madamm Minister fir hir Erklärungen, och fir d'Äntwerten op eng Rei vun deene Froen, déi ech gestallt hunn. Ech mengen, et waren der zwou iwwregbliwwen, déi ech awer dann nach eng Kéier wëilt widderhuelen.

Dat ass déi eng iwwert de Klimafong, iwwert d'Transparenz an de Monitoring vum Klimafong engersäits, an och vun deene Suen, déi dann tatsächlech herno do wäerten dra sinn, wéi déi wäerten ausgi ginn.

An déi zweet Fro ass déi vum Nohaltegkeetscheck beziungsweis och vum Klimacheck, déi ech vir-drun och gestallt hat. Merci villmools.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Galles. Da ginn ech d'Wuert zréck un d'Regierung. Madamm Dieschbourg, wannechgelift.

■ **Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable***.- Da wëilt ech als Alleréischte op d'Fro vun der Madamm Hansen agoen, wou et ganz kloer ass. Also mir ass et wichteg an der Klimapolitik, dass mer hei net - an dat ass an Europa am Moment e grousst Thema -, dass mer hei net ufänke schéinzerechnen an de Leit ze erklären, dass mer duerch iergendwellech technesch Léisungen, vun deene mer elo nach net wëssen, wéi se wäerte sinn, do elo op eemol d'Reduktiounsziler erofschrauwen. Dat ass mir ganz wichteg. Dat ass am Moment eng grouss Debatt, déi um internationale Plang leeft: dass et zum Beispill 2030 kéint en Nettozil ginn; wat guer net néideg ass, well mer méi Ambitioun brauchen um internationale Plang!

A Geoengineering, do sinn awer och Gefore mat derbäi, déi mir haut nach net kennen. Dofir géif ech mech manner op Saache verlossen, wou deelweis grouss Problemer kënnen entstoen, a léiwer soen: Voilà, et gëtt eng ganz Retsch ganz gutt Solutioun fir Klimaschutz a kommt, mir versichen, d'Leit net ... An dat gëllt zum Beispill och fir de landwirtschaftleche Beräich: Déi reng technesch Solutioun wäerten eis jo net hëllefin, mee mir müssen eng déifgräifend Debatt niewebäi féieren an op alle Fall doriwwer féieren, wéi mer erauskommen aus Reparaturpoliticken! Zum Beispill musse mer iwwer Véibestand diskutéieren, mir musse Saachen disku-

téieren, déi méi wäit gi wéi just technesch Solutiounen am Klimaschutz. Dat e bëssen, fir dat nach eng Kéier ervirzehiewen.

Bon, ech mengen, et ass ganz kloer, an dat hu mir an deene leschte Joren ëmmer erëm um nationalen an um internationale Plang ervirgehewen - vläicht fir op den Här Kartheiser anzegoen, mat deem ech natierlech net enger Meenung sinn, esou wéi hie mat menger Politik och net averstanen ass, ech mengen, mir sinn do zwou opposéiert Säiten -, dass mir insgesamt, och wat d'Automobillsindustrie ugeet, déi Der jo dann erwänt hutt mat de Batterien, dass mer an deene Beräicher iwwerall ëmmer drop halen, dass d'Produktionskette ganz gekuckt ginn, dass d'Mëscherechter iwwerall agehale ginn. An ech mengen - och an der Chamber, do ware jo och Debatten zu deem Thema -, dass hei zu Lëtzebuerg eng grouss Unitéit besteet, dass mer do musse verbessern. A kee seet, dass mer net müssen an alle Beräicher ëmmer erëm verbessern an noschaffen - d'Kommissioun fir eng Propos fir d'Batteriendirektiv -, also do hu mer jo Instrumenter fir nozeschaffen.

Ech wëll just drun erënneren, dass lescht Kricher, lescht grouss Interventiounen awer ëm Ueleg gaange sinn! Dofir kommt, mir sinn och richtig éierlech mateneen, wa mer schwätzen! Mir vergläichen net Äppel a Bieren. A kommt, mir soen einfach, an dat hu mer an der Ëmweltpolitik ëmmer gemaach, mir hätte gär en „do no harm principle“ an Europa. Mir hätte gär Precautionsprinzipien a mir wëllen, dass et ëmweltinteege ass an dass och d'Mëscherechter respektéiert ginn. Ech hunn dat méifach hei gesot. An natierlech si mer nach net do, mee mir müssen eis all Dag - genauou wéi mer beim Klimaschutz nach net um Enn vun der Rees ukomm sinn! -, mir müssen eis all Dag derfir asetzen, dass mer dat maachen!

Da ginn ech op dem Här Galles seng Fro iwwert d'Transparenz vum Klimafong an. Do wäerte mer natierlech zesummeschaffen. Also och wann duerch Remarque vum Staatsrot dee Komitee net wäert dra sinn, esou wäert dann awer zesummeschaffen ginn tëscht de Ministèren. An natierlech wäert deen och transparent ginn.

An d'ailleurs, Här Galles, vläicht eng Informatioun, déi Der nach net hutt: Mir sinn och amgaangen, déi ganz Strategie vun deem Fong ze iwwerschaffen. A mir wäerten déi uganks vum neie Joer och nach eng Kéier virstellen. Dir wësst et, mir haten eng kloer Investitiounspolitik, wat international Aiden ugeet. Mir hunn och elo nach eng Kéier nogschafft. Mir hunn eis berode gelooss vun Externen. Mat grousser Freed kommen ech lech déi och eng Kéier an d'Kommissioun gäre virstellen.

A wat den Nohaltegkeetscheck ugeet, do schwätze mer jo ëmmer vun zwee verschiddenen Instrumenter: eng Kéier den Nohaltegkeetscheck fir Gesetzter an eng Kéier den Nohaltegkeetscheck fir Betriber. Dir hat et héieren, den Här Fayot huet et och schonn annoncéiert, ech hunn et selwer och schonn eng Kéier annoncéiert an anerer hunn och schonn doriwwer geschwat: Mir sinn an der Regierung tëscht de Ministère - mat der Economie am Lead - amgaangen ze kucken, wéi mer den Nohaltegkeetscheck hikréien. A soubal mer do mat den Aarbechten derduerch sinn - do gouf et och scho Meetingen op Beamtenniveau -, soubal mer do derduerch sinn, kommen ech lech dee ganz gären - zesumme mat de Kolleegen; ech sinn do, wéi gesot, net am Lead, wat dee fir d'Entreprises ugeet - virstellen. An deen anere kënnen mer lech och ganz gär virstellen, soubal ee sech op Regierungsniveau doriwwer eens ass.

An domat soen ech lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools der Madamm Ëmweltministesche Carole Dieschbourg. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7508. Den Text steet am Document parlementaire 7508¹⁰.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7508 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dësse Projet de loi mat 54 Jo-Stëmme bei 4 Nee-Stëmme an 2 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Martine Hansen), MM. Emile Eicher (par Mme Octavie Modert), Félix Eischen (par M. Michel Wolter), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand

Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motions

Da kéime mer zu de Motiounen, déi bei dësem Projet de loi ofgi sinn.

Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vum Här François Benoy deposéiert ginn ass. Ass nach een, deen d'Wuert zu dëser Motioun wëllt froen? Den Här David Wagner, wannechgelift.

■ **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- Jo, merci, Här President. Den Här Benoy hat am Virfeld all Fraktioun a Sensibilitéit gentiment gefrot, ob se bereet wieren, fir déi Motioun mat ze ënnerschreiwen. Mir wollte se net mat ënnerschreiwen, mir wäerte se awer matstëmme. Ech erklären dann déi kleng Nuance, well de Problem ass deen: Déi Motioun seet jo u sech näischt, wat falsch ass. Au contraire, si seet souguer Saachen, déi éischer gutt sinn an déi souguer nach besser gewiescht wieren, wa se am Projet de loi dra gewiescht wieren. U sech huet een e bëssen den Androck, datt een duerch dës Motioun de Projet de loi nach e bëssen a senge Lacunne versicht ze verbessern.

Bon, duerno natierlech, wéi esou oft, ginn et eng ganz Partie Formulatiounen, déi awer e bëssen, wéi soll ech soen, fakultativ sinn, oder déi e bësse Knätschgummi sinn. Et ass e bëssen esou en Intentionuskatalog. Mir hoffen emol, datt deen Intentionuskatalog och a konkreet Tate wäert ëmgasat ginn.

Op jidde Fall wäerte mer dat emol matstëmme, mee wéi gesot, d'nächst Kéier wier et besser, wann d'Majoritéit sech eens wier a gewësse gutt Iddien och direkt an engem Projet de loi matafléissen ze loossen, amplat duerno après coup an enger Motioun, déi een hei muss ofstëmme. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Wagner. Dann hat den Här Kartheiser d'Wuert gefrot. Nee, den Här Galles.

■ **M. Paul Galles (*CSV*)**.- Merci, Här President. Ech wëll och dem Rapportier nach eng Kéier Merci soen, dass en eis och gefrot hat, fir déi Motioun mat ze ënnerschreiwen. Dat hu mer net gemaach a mir wäerten och net derfir stëmme, mee mir wäerten eis enthalen, an zwar well et Knätschgumm ass.

An den David Wagner huet et scho gesot an ech wëll lech dat eng Kéier kuerz „virknätschen“, well do sinn awer e puer Saachen dran, déi, mengen ech, einfach net esou ze vertriee sinn, wa mer verlaangen, dass elo wierklech eppes passéiert.

Ech huelen einfach just an deem Deel iwwert den „Invite le Gouvernement“ schonn direkt den éischten Tiret, wou et drëms geet, « à baser la politique climatique sur les données scientifiques et à ajuster, si nécessaire, les objectifs nationaux ». Jo, mee wie mécht dat dann, opgrond vu wat, op Basis vu wat? Dat ass Knätschgumm, dat ass immens, immens wäit gefächert a kee weess ganz genau, wat herno do passéiert. An dee Fräifaartschäi wëlle mer net einfach esou ginn.

Oder am zweeten Tiret, dat ass dann deen éischten op där leschter Säit: « à mettre à disposition les ressources et les moyens nécessaires ». Sinn déi budgetär, sinn déi personell? Wat fir eng Moyene sinn dat dann, déi do eigentlech gemengt sinn? Och dat ass eis vill ze vill vag formuléiert.

An dann hu mer an engem weideren Tiret, esou op der Mëtt vun der Säit ongeféier, dee Punkt, dee mer an der extraer, an eiser eegener Motioun formuléiert hunn: « à fixer au plus tôt possible les objectifs d'émission sectoriels prévus dans la loi relative au climat ».

Mir sinn der Meenung, dass dat eigentlech schonn haut hätt misse virleien. A mir hunn nach extra déi Zäit nach gi bis Enn Januar. Mir kënnen dat heiten also net matstëmme, well deen „au plus tôt possible“, do si mer schonn eng Kéier drop eragefall:

Well deen dote Punkt war nämlech copy-paste tel quel an enger Motioun, déi deemools beim PNEC och virgeluecht ginn ass. Dat ass e Joer hier, wou gesot ginn ass „au plus tôt possible“, a schonn deemools ware se e Joer laang amgaange scho vir-drun, fir dorun ze schaffen. Dat ass zwee Joer hier, den „au plus tôt possible“! Dat heescht, den „au plus tôt possible“ kënnen mir hei net matstëmme.

An och deen „au plus tôt possible“ an deem Tiret duerno, deen och ganz interessant ass: „dans les meilleurs délais“, dat heescht dann dat selwecht. Mir kënnen eis dorop net méi verlossen.

An och zum Schluss steet nach eppes dra vun « à proposer des mesures additionnelles, voire à modifier les mesures existantes ». Dat ass eiser Meenung no och en illegitimme Fräifaartschäin. Mir wëllen als Chamber do agebonne sinn. Dat ass och iwwregens de Grond, firwat mer d'Motioun Nummer 3 vun de Lénke wäerte matstëmme. A bei där heiter wäerte mer eis enthalen. Merci villmools.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Galles. Ech mengen, mir kënnen elo zum Vott vun dëser Motioun kommen.

Vote sur la motion 1

De Vote électronique ass gefrot. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen.

(Brouhaha)

Fir d'Motioun Nummer 1.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun mat 35 Jo-Stëmme bei 4 Nee-Stëmme an 21 Enthalungen ugeholl.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Martine Hansen), MM. Emile Eicher (par Mme Octavie Modert), Félix Eischen (par M. Michel Wolter), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter.

Motion 2

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2. Dat ass déi Motioun, déi vum Här Paul Galles deposéiert ginn ass. Ass nach een, deen d'Wuert zu dëser Motioun wëllt froen? Den Här François Benoy, wannechgelift.

■ **M. François Benoy (*déi gréng*)**, rapporteur.- Jo, villmools merci, Här President, fir d'Wuert. Meng Fraktioun wäert déi heite Motioun net matstëmme. An der Motioun vir-drun, déi mer grad guttgeheescht hunn, steet dran, dass mer d'Regierung froen als Chamber, fir dass esou séier wéi méiglech déi Objektiven do gekläert gi fir alleguerten d'Secteuren. A mir fannen et net sënnavoll, fir elo hei ze soen, dat misst och elo nach à l'urgence innerhalb vun den nächste puer Woche muss hei gemaach ginn.

Mee ech appelléieren nach eng Kéier un d'Regierung, wéi mer dat och an der Motioun elo gesot hunn, dass dat esou séier wéi méiglech sollt passéieren, dat heescht, an nächster Zäit. Mee et huet elo kee Wäert, dat ze forcéieren, dass dat an den nächste puer Woche muss hei gemaach ginn.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Benoy. Da ginn ech d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Paul Galles.

■ **M. Paul Galles (*CSV*)**.- Merci, Här President. Ech wëll dem Här Benoy eppes ubidden: Wann „au plus tôt possible“ vum 31. Januar ass, da kënnen se gäre matstëmme!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Galles. Dann huet den Här David Wagner d'Wuert gefrot.

■ **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- Merci, Här President. Mir wäerten déi Motioun vum Här Galles



och mat ënnerstëtzen, well et ass schonn e relativ staarkt Stéck, datt mer e Gesetz stëmmen, wou u sech och dat Essenziellt, dat Kärstéck vun deem ganze Klimagesetz jo och an deem Reglement ass, wat jo definéiere soll, wat fir eng Secteure mussen aspueren - an dat kenne mer u sech nach net! An dobäi hunn ech jo och nach virdrun a menger Ried gesot, dass den Artikel 5, deem dat alles konditionéiert, dass dee louche ass. Dat heescht, d'Regierung hat Zäit, sech eens ze ginn. A wa se nach méi laang brauch wéi bis den 31. Januar 2021, da bedeit et, datt d'Regierung elo nach relativ wäit dovunner ewech ass, sech eens ze sinn, wat iwwerhaapt d'Klima, also d'CO₂-Emissiounen, d'Aspuerung misste sinn. An dat deit op eng relativ schlecht Perspektiv hin, wat d'Klimapolitik vun dëser Regierung bedeit.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner. Et ass keng weider Wuertmeldung méi do. Da kënne mer zum Vott vun dëser Motioun kommen.

Vote sur la motion 2

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun bei 25 Jo-Stëmmen a 35 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Martine Hansen), MM. Emile Eicher (par Mme Octavie Modert), Félix Eischen (par M. Michel Wolter), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

Motion 3

Da kéime mer zur Motioun Nummer 3. Dat ass déi Motioun, déi vum Här David Wagner deposéiert ginn ass. Ass nach een, deem zu dëser Motioun d'Wuert ergräife wëllt? Den Här Paul Galles, wann ech gelift.

■ **M. Paul Galles (CSV).**- Merci, Här President. Mir wäerten dës Motioun matstëmmen, well mer der Meinung sinn, dass d'Abannung vun der Chamber genau de Punkt ass a genau dee Schrëtt ass, deem een elo muss maachen an dee genau eppes anescht ass, wéi dat an der Motioun vun der Majoritéit war, wou et nämlech eleng eng Saach war vun der Regierung. Mir wëllen, dass d'Chamber matagebonne gëtt. An dofir ënnerstëtze mer dës Motioun.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Galles. Da ginn ech d'Wuert un den Här François Benoy.

■ **M. François Benoy (déi gréng), rapporteur.**- Jo, villmools merci, Här President. An der Motioun Nummer 3 vun déi Lénk gëtt gefrot, dass d'Chamber nach méi Detailler kritt an och agebonne gëtt. An et gëtt och nach prezisiéiert par rapport zu der Motioun, déi ech presentéiert hunn, also der Motioun 1. Et ass also eng Ergänzung vun engem Tiet, dee mir och schonn an der Motioun haten, mat awer ganz sënnavolle Propositionen, déi do gemaach ginn, am Sënn dovun, dass mer als Chamber méi Detailler hunn. Dofir wäert ech menger Fraktioun proposéieren, dass mer déi Motioun vun déi Lénk ënnerstëtzen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Benoy. Et ass keng weider Wuertmeldung do. Da kënne mer zum Vott vun dëser Motioun kommen.

Vote sur la motion 3

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun mat 56 Jo-Stëmmen a 4 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Martine Hansen), MM. Emile Eicher (par Mme Octavie Modert), Félix Eischen (par M. Michel Wolter), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo (par M. Paul Galles), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

6. 7679 - Projet de loi portant introduction de mesures temporaires relatives à l'application des articles 12 et 18 de la loi du 17 avril 2018 concernant l'aménagement du territoire dans le cadre de la lutte contre le Covid-19

Mir kommen elo zum nächste Punkt vum Ordre du jour, dem Projet de loi 7679, enger Upassung vum Fonctionnement vun den öffentlechen Informationssitzungen am Kader vun der Covid-19-Pandemie. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgelegt. An ech ginn d'Wuert un d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, d'Madamm Semiray Ahmedova. Madamm Ahmedova, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

■ **Mme Semiray Ahmedova (déi gréng), rapportrice.**- Här President, Här Minister, léif Kolleginnen a Kollegen, mir hunn an dëser ongewéinlecher Situatioun vill temporär Mesurë votéiert, déi eis erlaabt hunn, dës sanitär Kris esou gutt wéi et nëmme geet ze meeschten.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Haut stellen ech lech de mëndleche Rapport vir zu engem Projet de loi, deem eis soll erlaben, d'Biergerbedelegung an de landesplanerische Prozeduren ze garantéieren, och am Kontext vun der aktueller sanitärer Kris.

Duerch déi zäitbegrenzte Mesuren, déi dës Projet de loi mat der Nummer 7679 virgesäit, erlabe mer dem Landesplanungsminister, Informationsreunioune mam Public iwwer Visiokonferenz ze organiséieren. Domadder passe mir d'Landesplanungsprozeduren där aktueller sanitärer Situatioun un.

Eisen Territoire, d'Lëtzebuerger Land, dat ass de Buedem, op deem mir schaffen a wunnen, eis beweegen an eis Fräizäit verbréngen. Deen Territoire ass eng limitéiert Fläch, déi mer nëmmen eemol kënne verplangen an déi zur gläicher Zäit eise sozialen, ekonomieschen an ekologeschen Demandë muss gerecht ginn.

Fir deem Defi entgéintzegoen, brauche mer eng kohärent a qualitativ orientéiert Landesplanung, déi eis déi néideg Richtlinn gëtt, fir d'Landesplanung harmonesch weider ze entwéckelen an dee Lëtzebuerger Buedem esou nohalteg an effikass wéi méiglech ze notzen.

Bei der Entwécklung vun dëser Richtlinn ass et virun allem wichteg, d'Bevölkerung an d'Landesplanung matanzebannen, well et kennt u sech kee säi Quartier besser, wéi déi Leit, déi selwer do wunnen. De Public ass en essenzielle Partner an engem qualitativen Planungsprozess, a seng Bedelegung leet zu méi Informationsaustausch, méi Transparenz a besseren Decisiounen.

D'Landesplanungsgesetz vum 17. Abrëll 2018 gesäit vir, datt d'Biergerinnen an d'Bierger d'Chance kréien, hir Meinung ze soen, wann en neie Plan directeur sectoriel (PDS) oder e Plan d'occupation du sol (POS) ausgeschafft gëtt. Ënner anerem muss de Minister am Kader vun de respektive Prozeduren eng oder e puer Informationsreunioune fir de Public ofhalen. Fir ze assuréieren, datt dës Informationsversammlungen och am Kontext vun der sa-

nitärer Kris kënne stattfannen, gi mer dem Minister mat dësem Projet de loi d'Méiglechkeet, op Visiokonferenzen zrëckzegräifen.

De Projet de loi prezisiéiert och, ënner wéi enger Form de Public iwwer Visiokonferenz informéiert gëtt, nämlech bei der Publikatioun vum Depot vum Dossier um Internetsite vun de Gemengen, op den Affiché vun de Gemengen an och, wéi gewéinlech, an der geschriwwener Press.

Elo nach e puer Wuert iwwert den Oflaf vun den Aarbechten an der zoustänneger Chamberskommission. Op Propos vum Staatsrot bleift dëse Gesetzestext applikabel bis den 30. Juni 2021. Am initialen Text war eng méi fréi Echeance virgesinn, nämlech den 31. Dezember elo vun dësem Joer. De Staatsrot huet berechteterweis a sengem Avis vum 17. Novembe bemierkt, datt den Datum scho relativ no ass an datt et problematesch kéint ginn, wann ze vill zäitbegrenzten Dispositive gläichzäitig um Enn vum Joer oflafen.

D'Kommission huet och deenen anere Remarque vum Staatsrot Rechnung gedroen. Méi Detailler dozou sinn a mengem schrëftleche Rapport ze fannen.

An hirem Avis vum 20. Oktober 2020 begréisst d'Chambre de Commerce, dass d'Informationsprozedure bei der Erstellung vu PDSe a POSen un d'sanitär Ëmstänn adoptéiert ginn.

An hirem Avis vum 30. Oktober recommandéiert d'Chambre des Métiers, dass d'Biergerinnen an d'Bierger informéiert ginn, wéi ee Programm fir Videokonferenz soll benotzt ginn an och, ënner wéi engen Ëmstänn déi perséinlech Donnéeë veraarbecht ginn.

De Syvicol begréisst a sengem Avis vum 9. November dës temporär Moosnam, well si et erméiglecht, de gewéinlechen Oflaf vun de PDS- a POS-Prozeduren ze respektéieren.

Ech kommen elo zum Schluss vu mengem Rapport. Dëse Projet de loi erméiglecht et, dass d'Prozedure beim Ausschaffe vum Plan directeur sectoriel oder Plan d'occupation du sol am Respekt vun de sanitäre Mesurë kéinte weiderlafen andeems mer d'Méiglechkeet schafen, Informationsreunioune iwwer Visiokonferenz ofzehalen. An deem Sënn ginn dës Projeten duerch déi aussergewöhnlech Situatioun net blockéiert an d'Biergerbedelegungen assuréiert.

Heimadder ginn ech dann natierlech och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojekt an ech soe jidderengem e grouse Merci, deem un dësem Projet matgewierkt huet, an och Merci fir d'Nolauschteren. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- A merci och der Madamm Rapporteur. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Jean-Paul Schaaf. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Jean-Paul Schaaf (CSV).**- Här President, léif Kollegen, de Mark Twain sot eemol: „Eng Ried, eng gutt Ried, déi soll e gudden Ufank hunn a e gudde Schluss, an déi zwee solle méiglechst no beienee leien.“ Bei der Riedezäit, déi mer zoustee, ass dat jo kee Problem. Ech fänken dann duerfir direkt mam gudden Ufank un: Ech wëll der Rapportrice Merci soe fir den ausféierleche schrëftleche souwéi mëndleche Rapport.

Mat deem Gesetz vun haut gëtt eebe séchergerstellt, dass och a Coronazäiten d'Biergerbedelegung am Kader vum Ausschaffe vun de POSen an de POSen, wéi se fachlech heeschen, weider Bestand huet. Hei muss ee soen: Gott sei Dank hu mer déi modern Technik, déi et iwwerhaapt méiglech mécht, dass d'Bierger hei net ëm hiert Mätsproocherecht beschnidde ginn, mee dass se weider kënne agebonne ginn, wann et drëms geet, wann hire Liewensraum nei gestalt a verplangt gëtt.

Et ass duerfir e Gesetz am Sënn vun de Bierger, well et d'Informatioun garantéiert an d'Matsproocherecht sécherstellt, a well och déi Projeten duerch de Bléck vun de Leit a vun de Bierger verbessert a verstanen kënne ginn, an doduerch och ugeholl an matgedroe gi vun de Leit alleguer. Dat ass enorm wichteg!

Et wier duerfir an deem Kontext interessant, Här Minister, wann Der eis vläicht herno kéint soen, wéi eng dann zum Beispill déi POSen sinn an deem Zäitraum, fir deem dat Gesetz hei elo leeft. Den 30. Juni 2021 ass d'Deadline, duerno ass et natierlech erëm en präsentiel méiglech, mee bis dohinner wäerte jo sécher Projeten ënnerwee sinn ... wann Der eis géift soen, wéi eng dass dat sinn.

Ech hunn op alle Fall am Rapport d'activité vun 2019 vun Ärem Ministère gelies, dass de POS Lycée Nordstad an der Prozedur ass. Do géif et mech natierlech besonnesch interesséieren ze wëssen, wou Der dann do mat de Planungen dru sidd.

Mir hunn haut de Mëtteg eigentlech dräi Haapttheemen um Ordre du jour. Och no véier Stonne muss ee

feststellen, dass et awer ganz weesentlecher sinn. Et ass iwwert d'Crise sanitaire rieds gaangen, duerno iwwert de Klimaschutz an elo si mer bei der Landesplanung. Bei deem unhalende Wuesstum, dee mer am Land hunn, wäert d'Landesplanung ee vun de wichtegste Politikfelder iwwerhaapt si fir dëst klengt Land. An dozou gehéieren natierlech d'Plan-sectoriellen, déi no siwe Joer an der Couveuse elo endlech - et ass zwar ee Wuert, wat inflationär an de Joren 2014 an 2015 vu Regierungsmembere benotzt ginn ass, ech dierf et awer trotzdem och haut eng kéier benotzen -, op der leschter Ligne droite ukomm sinn a geschwënn a Kraaft kënne trieden. Mir begréissen dat, well déi Pläng fir jiddwereen am Land an och fir d'Gemege wichteg sinn, och fir hir Rechtssécherheet.

Ech weess, vu wat ech do schwätzen, well ech als Buergermeeschter vun Ettelbréck um Verwaltungsgericht war weinst Verweigerung vun enger Baugeneemegung. Ech wëll lech dat Beispill just erzielen: Ech hunn eng Autorisatioun net ginn, well se contraire zum Projet de plan sectoriel « transport » ass. De Riichter huet do festgestallt, dass déi Projekte keng rechtlech Verbindlechkeet, also keng Valeur hätten, mee de Moment just de Stadium vun enger politescher Absichtserklärung - dat ass schonn zënter Joren esou -, an domat wier dat keng Rechtsgrondlag, fir eng Baugeneemegung ze verhängen.

Aus där Nummer sinn ech just erauskomm, well mer an der Partie écrite vum neie PAG vun der Stad Ettelbréck eng Neidefinitioun haten, déi eeben dann d'Strooss gehalen huet, soss géif elo um Tracé vun der Verbindung vum Contournement Ettelbréck-Feele gebaut ginn. Dat wollt ech lech just soen.

Duerfir sinn déi PDSe wichteg, an et ass wichteg, dass se kommen, an der Landesplanung dann och aus dem Stadium vun der Iddi eraus zur Realitéit verhélfen.

A wann ech vu Landesplanung schwätzen, just nach eng Fro zum Schluss: Do gëtt et jo och nach de Programme directeur d'aménagement du territoire, a wann herno nach Zäit ass, da sot eis och nach, wéi dat weidergeet.

Voilà, a fir dann erëm op mäin Agangssaz zrëckzekommen - e gudden Ufank, e gudde Schluss -: De gudde Schluss ass den Accord vun der CSV-Fraktioun fir dës Projet.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Dat ass wierklech eng gutt Nouvelle. Merci dem Här Schaaf. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Max Hahn.

■ **M. Max Hahn (DP).**- Merci, Här President. Ech weess zwar net, wat de Mark Twain dozou seet, wann dee gudden Ufank an dee gudde Schluss quasi matenee verschmelzen an et dertëscht e Vakuum gëtt, nämlech näischt. Ech hunn nämlech dem Rapport vun der Rapportrice Semiray Ahmedova näischt bäizefügen a géif mech da just drop begrenzen, hir Merci ze soe fir hir zwee Rapporten, an dann heimat och den Accord gi vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Plusieurs voix.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci dem Här Hahn. An da kënnt d'Madamm Hemmen drun.

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP).**- Jo, merci, Här President. Merci och der Rapportrice. Si war ganz komplett, deem ass wierklech näischt bäizefügen.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Mir begréissen natierlech, dass dës Projet drop ausgerichtet ass, dass d'Biergerbedelegung hei héichgehal gëtt an dass d'Prozeduren net blockéiert ginn, wéi si dat och richtig gesot huet. A mir gi selbstverständlech den Accord vun eiser Fraktioun. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hemmen. An da wier et um Här Fred Keup.

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Jo, merci, Här President. Merci och der Rapportrice fir dee ganz prezise Rapport.

Et ass mer awer elo grad eppes agefall, wann ech dat hei esou kucken: Also mir fannen dat natierlech ganz gutt, wann d'Biergerbedelegung och an dësen Zäiten héichgehal gëtt an esou Saachen dann duerch nei Technologien awer erméiglecht ginn. Ech wollt awer kuerz soen, einfach fir eng kéier e Gedankenustouss doriwwer ze ginn: Wann haut um Niveau vun de Gemengen esou Versammlungen organiséiert ginn, da gëtt dat normalerweis an den Zeitunge publizéiert, op der Internetsäit vun der Gemeng, eventuell mat Affichen. Do kéint ee sech vläicht eng kéier iwwerleeën ... - meng Erfahrung ass nämlech, dass ganz vill Leit déi Saacheguer net matkréien, well haut vill Leit keng Zeitung méi liesen an net onbedéngt op d'Internetsäit vun der Gemeng ginn. Dat ass vläicht eng Ännerung par rapport zu virun 20 Joer, wou all Mënsch d'„Lëtzebuerger Wort“ oder d'„Tageblatt“ gelies huet vun